

D'Lämmchen

vum **John R. Cross**

Illustriert vum **Ian Mastin**



**Loost déi kleng
Kanner bei mech
kommen, an haalt se
net dovunner of . . .**
sot de Jesus.

D'LÄMMCHEN

Copyright © 2009, by GOODSEED® International

Originaltitel op Englesch:

THE LAMB

All Rechter virbehalen. Et dærf keen Deel vum Buch an iergend enger Form kopéiert ginn, ouni d'schrëftlech Erlaabnes vun deemjéinegen, deen de Copyright huet, ze kréien. 'GoodSeed' an den Design mam Buch/Blat sinn d'Marké vu GOODSEED International.

Erausgi vu GOODSEED® International

P.O. Box 3704, Olds, Alberta T4H 1P5 Canada

Email: info@goodseed.com

ISBN13: 978-1-890082-18-5

D'Bibelversen, déi an dësem Buch gebraucht ginn, goufe vum Miriam Scharz-Fleming op Lëtzebuergesch iwwersat.

© 2007, by Miriam Scharz-Fleming, Lëtzebuerg

Mat der Erlaabnes vum Miriam Scharz-Fleming gebraucht.

All Rechter virbehalen.

201705-500-0000

Remerciementer

Mir schëllen deene ville Fräiwëllegen, déi vill Zäit an Talent an d'Iwwersetzung an an d'CD investéiert hunn, ee grouse Merci. Huelt wann ech gelift eise gréisste Merci un.

Miriam Schartz-Fleming,
David Schartz,
Françoise Bernard-Ley,
Jacques Bernard,
Jean Grotz,
A. Timothy Heijermans,
Joëlle Reichling,
Romain Willems,
Janet Willems-Aldis,
an nach vill anerer, déi net hei stinn.

Inhalt vun der CD

D'Françoise Bernard-Ley an den David Schartz hunn den Text virgelies. D'Musek gouf vum Jackie Fleming-Davage komponéiert a gespillt, an d'CD gouf vum Maurice Barnich opgehol a verschafft.

Index

Wéi een dëst Buch am beschte benotze soll	5
Éischt Kapitel — Gott huet alles gemaach	10
Zweet Kapitel — Wéi Gott ass	34
Drëtt Kapitel — Déi béis Engelen	50
Véiert Kapitel — Eng falsch Entscheidung	66
Fënneft Kapitel — Wiem vertrauen?	86
Sechst Kapitel — De Rettungsplang	100
Siwent Kapitel — Richteg a falsch	110
Aacht Kapitel — De versprachene Retter	124
Néngt Kapitel — Eist perfekt Lämmchen	140
Zéngt Kapitel — Fir ëmmer liewen	154
Verstees du de Bréif vu Gott?	172
Gleefs du, datt de Bréif vu Gott wouer ass?	174
Endnotizen	182

Wéi een dëst Buch am beschte benotze soll

Alles zesummesetzen

Den Haaptmessage vun der Bibel ass vun engem ganz jonken Alter un ze verstoen. A munchen Hisiichten ass et wéi ee Puzzel. Wann d'Stécker, eent no deem anere richteg zesumme gesat ginn, mécht alles Sënn.

Wann een e neit Konzept wëllt léieren, dann ass et am beschte vum Fëllement aus erop, vum Bekannten an dat Onbekannt, ze goen. An der Mathé léieren d'Kanner net fir d'éischt $w(z) = w_0 \left[1 + \left(\frac{z}{\pi w_0} \right)^2 \right]^{1/2}$. Fir d'éischt léieren si 1 Apfel + 1 Apfel = 2 Äppel, a gi vun deem Einfachen an dat Komplexit iwwer. Wann een d'Basiskenntnisser iwwerspréngt, dann ass och ganz einfach Mathematik ganz schwéier.

Dat selwecht gëllt fir d'Bibel. Et soll ee ganz gewëssenhaft een zolidd Fëllement fir all neit Konzept leeën. Et dāerf een net hetzen. D'Zil ass, datt alles ganz kloer verstane gëtt, an da geet de Rescht vum selwen.

Seng Zäit plangen

D'Buch ass duerfir geduecht fir et an zéng Kéieren ze liesen. Ech géif virschloen, datt Dir ee Kapitel pro Kéier liest. Dir sollt dräi Kapiteln an enger Woch léieren. Wann Dir manner maacht, da geet d'Wichtigkeet vum Material am Kand sengem Kapp verluer an d'Kontinuitéit vum Message gëtt ennerbrach.

Et brauch een näischt virzubereeden. All Kapitel huet ee Réckbléck am Ufank, an zum Schluss si Froe mat agebaut. D'Duerchschnëttszäit fir all Kapitel ze liesen a fir d'Froen ze stellen an ze beäntweren ass zéng bis fofzéng Minutten.

Haalt et einfach

Fir d'Geschicht sou einfach wéi méiglech ze halen, sinn d'Haaptléiere vum Alen Testament ronderëm zwou Persounen, den Adam an d'Eva, opgebaut. Mir hu gemengt, datt zevill Personagen de Message onnéideg fir kleng Kanner komplizéiere géifen.

D'CD gebrauchen

Déi bäigeluegten CD, vum Françoise Bernard-Ley a vum David Schartz gelies, geet dem Buch wuertwärtlech no. D'Froe solle réischt gebraucht ginn nodeems d'Kapitel gelies ginn ass. D'Äntwerten zu de Froe stinn op de Säiten 176 bis 180.

Mat de Froen eens ginn

Kanner hu gär ee Quiz. Munch Kanner wäerten d'Froen zum Schluss vun all Kapitel ouni Weideres einfach beäntweren, anerer wëlle villäicht méi wëssen. D'Endnotize ginn Informatiounen iwwert den Hannergrond, déi an deem Fall hëllef kéinten. D'Entwécklung am „Lämmche“ verbënnt ganz natierlech mam Buch THE STRANGER ON THE ROAD TO EMMAUS, op Däitsch DER FREMDE AUF DEM WEG NACH EMMAUS (SOSS BIST DU DER EINZIGE, DER NICHT WEIß, WAS GESCHEHEN IST?), an op Franséisch L'HOMME SUR LE CHEMIN D'EMMAÛS, ee Buch, wat d'Bibel méi detailléiert duerchhëlt.

Wann ee Kand stänneg d'Froe richteg beäntwert, da kann een dozou tendéieren d'Froen z'iwwersprangen. Dëst sinn awer wichteg Widderhuelungen, a wann si richteg beäntwert ginn, dann heescht dat einfach, datt d'Kand den Inhalt verstanen huet.

De Message

Dëst Buch presentéiert den Haaptmessage vun der Bibel ouni ofzeschwächen oder Themen ze vermeiden. Souguer Theme wéi d'Sënn an den Doud ginn éierlech a riichter aus geléiert. Mā d'Kand gëtt net ouni Hoffnung gelooss. Souguer dat Kapitel iwwert den Doud schléisst mat Hoffnung of.

D'Bibel ass ganz direkt an deem wat se ze soen huet, also hu mir eis dru gi fir net ëm de Bräi ze dréien a vague ze sinn. Do wou d'Bibel eng Entscheidung verlaangt, ass déi Entscheidung kloer dohinnergestallt. Dowéinst huet eng politesch korrekt Sprooch keng Plaz hei fonnt wann dat op d'Käschte vum Message gaange wier.

Fir eis Frënn an der Carrubbers

Das Lämmchen

Gott huet alles gemaach

D'Bibel ass ee ganz wichtege Bréif vu Gott. Dee Bréif vu Gott¹ ass un all eenzelne geriicht. Jo, d'Bibel seet, datt Gott eng ganz wicteg Noriicht fir dech huet.

Obwuel dee Bréif viru laanger Zäit geschriwwe gouf, huet en haut grad sou Wichteges ze soe wéi deemools.

All Jong an all Meedche muss wëssen, wat d'Bibel him ze soen huet.

D'ganz Schrëft ass vu Gott inspiréiert... 2. Timotheus 3,16

Dir musst virun allem verstoen, datt an der Schrëft keng Profezeiung zestane komm ass, déi vum Prophét selwer ausgeluecht gouf. Et ass nämlech ni eng Profezeiung zestane komm duerch dem Mënsch säin eegene Wëllen, mä d'helleg Männer vu Gott hu geschwat... 2. Péiter 1,20-21



Psalm Seventy-Nine

Psalm Eighty

Psalm Eighty-Two

Psalm Eighty-Two

– Éischt Kapitel –

Déi éischt Säite vun der Bibel soen eis, datt Gott ni gebuer ginn ass an ni stierwe wäert². Säu Liewen huet keen Ufank a keen Enn. Gott war nach ëmmer do a wäert ëmmer do sinn.

D'Bibel seet eis, datt et ganz am Ufank nëmme Gott gouf. Et goufe keng Planzen, keng Déieren a keng Mënschen. Et gouf keng Äerd, kee Mound a keng Sonn. Et waren och keng aner Gëtter do. Näischt - guer näischt war do.

Gott eleng huet am Ufank gelieft.



Éier d'Bierger all gebuer goufen, éier d'Äerd an d'Welt entstane sinn, jo vun Éiwegkeet zu Éiwegkeet bass du Gott! Psalm 90,2

Ech sinn den HÄR, a soss keen; ausser mir, gëtt et kee Gott. Jesaia 45,5

Viru mir ass kee Gott gemaach ginn, an no mir wäert och kee gemaach ginn. Jesaia 43,10

D'Bibel seet eis, datt Gott alles erschaf huet: alles wat mer kënne gesinn an alles wat mer net kënne gesinn.

Eng vun deenen éischte Saachen, déi Gott gemaach huet, waren d'Engelen. Mir kënnen d'Engelen net gesinn, grad sou wéi mir Gott net kënne gesinn. D'Engelen a Gott nenne mir Geeschter. Si si wéi Mënschen³, mä si hu kee Kierper aus Fleesch a Blut. Dowéinst ginn si Geeschter genannt.

D'Engele ware besonnesch Vermëttler vu Gott. Si hunn dat gemaach wat Gott gesot huet.

D'Engelen hunn alleguer nogekuckt a gesonge wéi Gott d'Äerd erschaf huet.

Gott ass Geescht... Jang 4,24

Sinn net all d'Engelen an den Déngscht geschéckt gi fir ze déngen...? Hebräer 1,14

*Lueft den HÄR, dir seng Engelen, dir staark Helden, déi seng Uerderer ausféieren,...
déi säi Wëlle maachen... Psalm 103,20-21*

D'Bibel verzielt eis, datt Gott d'Welt op eng besonnesch Aart a Weis erschaf huet. Mir brauche Bläistëfter, Pabeier an eng Schéier, wa mer Saache maache wëllen. Heiansdo maache mer Saachen aus Holz, Neel a Pech. Eng aner Kéier brauche mer Nol a Fuedem.

Mä d'Bibel seet, datt Gott guer keng Saache gebraucht huet fir d'Welt ze maachen. Gott huet nëmme geschwat - an du war se do.



... den Universum... gouf... duerch Gott säi Wuert gemaach... Hebräer 11,3

Duerch dem HÄR säi Wuert ass den Himmel gemaach ginn, d'Arméi vun de Stärren duerch den Hauch aus sengem Mond.... Fäert den HÄR, ganz Welt, d'Awunner vun der Äerd sollen den HÄR fäerten. Well hie geschwat huet, ass et geschitt; hien huet säin Uerder ginn, an et ass entstan. Psalm 33,6.8-9



– Éischt Kapitel –

Gott sot: „Et soll Liicht do sinn!“ A weess de wat?
Einfach sou war d’Liicht am Däischeren do.

D’Bibel seet, Gott huet alles, wat mer kënne gesinn,
erschaf, an dat einfach andeems hie geschwat
huet. Gott huet sou vill Muecht - hie kann alles
maachen. Hien ass ganz, ganz mächtig.



A Gott sot: „Et soll Liicht do sinn,“... 1. Moses 1,3

Et gëtt kee sou wéi s du, o HÄR; du bass grouss, an däin Numm ass grouss a mächtig. Jeremia 10,6

*O souveränen HÄR, du hues Himmel an Äerd duerch deng grouss Muecht an däin ausgestreckten Arm
gemaach. Fir dech ass näischt ze schwéier. Jeremia 32,17*



1/2017

D'Bibel seet eis, datt Gott d'Sonn, de Mound an d'Stäre gemaach huet. Hien huet se genee op déi Plaz an den Himmel gesat, wou hien se wollt hunn. Gott konnt dat maache well hien iwwerall ass.

Mir sollte frou sinn ze wëssen, datt Gott iwwerall ass. Dat heescht nämlech, datt hien net nëmme ka bei dir sinn, mä hie kann och zur selwechter Zäit bei denger Famill oder bei denge Frënn sinn - egal wéi wäit se wech sinn.

Gott ass einfach sou grouss.



Gott huet zwou grouss Luuchte gemaach – déi méi grouss Luucht fir den Dag ze regéieren, an déi méi kleng fir d'Nuecht ze regéieren. D'Stären huet hien och gemaach. 1. Moses 1,16

*„Kann iergendeen sech heemlech verstoppen, sou datt ech en net gesinn?“ seet den HÄR.
„Sinn ech net deejéinegen, deen Himmel an Äerd féllt?“ seet den HÄR. Jeremia 23,24*



D'Bibel seet, datt Gott d'Welt a sechs Deeg erschaf huet. Nëmme Gott kann dat maachen.

Hien huet eist Iessen, d'Loft, déi mer ootmen, an d'Waasser, dat mer drénken, gemaach. Hien huet d'Flëss, d'Mier an d'Bierger gemaach. Gott huet och d'Beem an d'Blumme gemaach.





Am Ufank huet Gott den Himmel an d'Äerd erschaf. 1. Moses 1,1

Well a sechs Deeg huet den HÄR den Himmel an d'Äerd erschaf, och d'Mier, an alles wat dran ass. 2. Moses 20,11



Gott huet d'Fësch, déi am Mier schwammen, gemaach.

Hien huet d'Frellen an d'Walen, d'Kriibsen an
d'Séipäerdercher gemaach.



*Gott huet déi grouss Monstere vum Mier an all déi Liewewiesen,
déi am Waasser wibbelen, gemaach, all no hirer Aart, ...
A Gott huet gesinn, datt et gutt war. 1. Moses 1,21*







Gott huet d'Villercher, déi am Himmel fléien, och
gemaach.

Ob grouss oder kleng, hien huet si all erschaf.



*Gott ... huet all Zort vu Villercher gemaach, alleguer no hirer Aart.
A Gott huet gesinn, datt et gutt war. 1. Moses 1,21*





– Éischt Kapitel –

Gott huet déi Déieren, déi schlidderen, hopsen a
ginn, gemaach.

Butzeg oder grouss, séier oder lues, d'Bibel seet
eis, Gott huet si all erschaf.



*A Gott huet alleguer d'Déieren op der Äerd gemaach, all no hirer Aart, an hien huet
d'Vei no senger Aart gemaach, an all d'Déieren, déi iwwert de Buedem kréichen,
huet hien och gemaach. A Gott huet gesinn, datt et gutt war. 1. Moses 1,25*





Fir d'Lescht huet Gott de Mënsch gemaach, näämlech de Mann an d'Fra. Hien huet si Adam an Eva genannt. Gott hat si gär an huet si versuergt. Hien huet ee perfekte Gaart gemaach, voll vu verschiddenen Zorte vu Beem, Blumen, an zamen Déieren. Dat war alles nëmme fir si. Si konnten sech un allem, wat Gott gemaach hat, erfreeën.

Gott ass den Adam an d'Eva besiche komm. Si sinn zesummen am Gaart trëppele gaangen. Si waren och ganz gutt Frënn. Kanns du der dat virstellen, mat deem, deem d'Welt gemaach huet, zesummen ze trëppelen an ze schwätzen?

Iwwert wat, mings du, hunn si geschwat?

A Gott, den HÄR, huet de Mënsch aus dem Stëbs vum Buedem gemaach, an huet him den Otem vum Liewen an d'Nues geblosen. Sou gouf de Mënsch ee liewegt Wiesen. 1. Moses 2,7





Froen iwwert dat éischt Kapitel

1. D'Bibel ass ee ganz wichtege Bréif, deen un eis geriicht ass. Vu wem kënnt dëse Bréif?
2. D'Bibel seet, datt Gott ni gebuer ginn ass. Wäert hie jeemools stierwen?
3. Ausser Gott, war soss nach een aneren am Ufank do?
4. Wien huet d'Engelen erschaf?
5. Wat heescht dat Wuert „erschafen“?
6. Gott kanns de net gesinn. Du kanns d'Engelen net gesinn. Si sinn net aus Fleisch a Blut. Wéi ginn si genannt?
7. Wat war den Engelen hir besonnesch Aufgab?
8. Mir brauchen Hummer an Nol fir eppes ze maachen. Mä wéi huet Gott d'Welt gemaach?
9. Gott huet alles gemaach, andeems hien einfach geschwat huet. Wat léiere mir doduerch iwwert Gott?
10. Wéi vill Deeg huet Gott gebraucht fir d'Welt ze maachen?
11. Wien huet den Adam an d'Eva erschaf?
12. Wat heescht dat, datt Gott zur selwechter Zäit bei dir, denger Famill an denge Frënn ka sinn?



– Zweet Kapitel –

Wéi Gott ass

Wa mer déi wonnerbar Welt kucken, déi Gott erschaf huet, kënne mer gesinn, datt Gott ganz mächtig ass, well hie weess alles ze maachen. Nëmme sou ee Gott konnt déi wonnerbar Welt, an där mer liewen, maachen.

D'Bibel seet eis, datt Gott iwwehall zur selwechter Zäit ass.

Gott weess a versteet alles – Gott weess souguer alles, wat mer denken.



Eisen HÄR ass grouss ... seng Erkenntnes kennt keng Grenzen. Psalm 147,5

*Hien huet d'Äerd duerch seng Kraaft gemaach, d'Welt huet hien duerch seng Wäisheet gegrënnt,
an den Himmel duerch säi Verstand gespaant. Jeremia 51,15*

„Sinn ech nëmmen ee Gott, deen nobäi ass,“ seet den HÄR, „an net ee Gott, dee wäit wech ass?

Kann iergendeen sech heemlech verstoppen, datt ech en net gesinn?“ seet den HÄR.

„Sinn ech net deejéinegen, deen Himmel an Äerd féllt?“ seet den HÄR. Jeremia 23,23-24





Well Gott alles gemaach huet, gehéiert him alles.

Wann s du ee Bild mools, da gehéiert et dir. Egal ob s du eppes aus Holz, Pabeier oder Stoff gemaach hues – et gehéiert dir, well s du et gemaach hues. Grad sou ass et mat Gott. Well Gott alles gemaach huet, gehéiert him alles. Dowéinst gëtt Gott och nach Här genannt. Dat heescht, datt hien de Kinnek oder de Besëtzer vun allem ass, wat hie gemaach huet.



Gott huet et erschaf, an dowéinst gehéiert et him.



D'Äerd gehéiert dem HÄR, an alles wat drop ass, d'Welt, an alles wat drop leeft... Psalm 24,1

Erkennt, datt den HÄR Gott ass! Hien huet eis gemaach a mir gehéieren him; mir sinn säi Vollek... Psalm 100,3

*A Gott, den HÄR, huet de Mënsch geholl an huet hien an de Gaart vun Eden gesat,
fir en ze beplanzen an ze versuergen. 1. Moses 2,15*



Bird house

D'Bibel seet eis, datt Gott gutt a ganz léif ass.


Kuck all déi schéi Saachen, déi Gott erschaf huet. Gott hätt kënnen all d'Blummen nëmme schwaarz a wäiss erschafen, mä hien huet si all a ville schéine Faarwe gemaach. Gott hätt kënnen d'essen ellë schmaache loossen. Mä ganz am Géigendeel, hien huet et gutt schmaache gelooss, an et richt och nach gutt dobäi. Hien huet allerhand Zorte vu Friichten a Blummen, Kiewerleken a Päiperleken, Faarwen, Téin a Kläng gemaach. Hien huet se all gemaach, fir datt mir eis un all deene Saachen erfrees kënnen.

Gott huet all dëst gemaach, well hien sech ëm eis këmmert.

Gott huet eis gär.

... Ech sinn den HÄR, deen alles gemaach huet; deen eleng den Himmel gespaant huet ... Jesaia 44,24

... Gott, deen eis vëlleg a genuch gött fir ze genéissen. 1. Timotheus 6,17





D'Bibel seet eis, datt den Här gär alles op déi richtig Aart a Weis mécht.

Géife mer net duerchernee ginn, wann enges Daags d'Sonn géif matzen am Moien ennergoen, an da fir déi nächst dräi Deeg net méi géif opgoen? Denk mol nëmmen driwwer no, wéi laang s du am Bett bleiwe misst! Dowéinst huet Gott Regele gemaach. Hien huet eng Regel fir d'Sonn gemaach – d'Sonn muss moies opgoen an owes ennergoen. D'Sonn soll dat all Dag maachen, ouni datt d'ëst soll änneren.

Gott huet Regeln oder Gesetzer gemaach, fir datt alles iwwertenee stëmmt an datt d'Welt richtig funktionnéiere kann.

Du hues de Mound gemaach fir d'Saisonen ze bestëmmen; an d'Sonn weess, wéini se ennergoe soll. Psalm 104,19

Den Dag ass däin, och d'Nuecht ass deng; du hues d'Liicht an d'Sonn gemaach.

Du hues der Äerd hier Grenze gesat.... Psalm 74,16-17



Gott huet d'Regelen och fir d'Mënsche gemaach,
fir datt mer ee glécklecht Liewe féiere kënnen.

Heiansdo hu mer munch Regeln net gär.
Mä denk mol eng Kéier driwwer no. Wéi géif
d'Welt ouni Regeln ausgesinn? Wa keng rout
Luuchten, Stopschëlter a keng Vitesselimiten am
Stroosseverkéier wieren, da géifs de net wëssen,
wéini s de sécher iwwert d'Strooss kéints goen.
Jidderee wier duercherneen a rosen. Ouni Regeln
oder Gesetzer wier et schwéier a geféierlech fir
ze liewen.

Gott huet Regele gemaach well hie weess, wat
dat Bescht fir eis ass. Hie weess, datt mer frou
sinn, wann d'Saachen op déi richtig Manéier
gemaach ginn.

Gott këmmert sech ëm eis.



Alles, wat Gott erschaf huet, ass perfekt⁴. Wa mer soen, datt iergend eppes perfekt ass, da menge mer, datt näischt Falsches drun ass. Et ass an allen Hisiichte gutt. Gott konnt nëmmen eng perfekt Welt erschafen, well hie selwer perfekt ass.

Gott mécht ni eppes falsch.



*Gott huet alles, wat hie gemaach huet, gekuckt, an et war ganz gutt. 1. Moses 1,31
Grouss ass den HÄR an héich ze luewen; seng Gréisst ass net z'erfuerschen. Psalm 145,3*



Gott säin Heem ass perfekt. Et gëtt Himmel genannt. D'Bibel seet, datt den Himmel super schéin ass. En ass wéi ee risege Park mat Beem an engem Floss. An der Mëtt vum Park ass eng wonnerbar, propper a sécher Stad. An där Stad geet ni eppes futti an d'Saache ginn ni al. Dës Stad ass sou erstaunlech, souguer d'Stroosse sinn aus Gold.

Am Himmel gëtt et keng Krankheet, keng Trauer a keen Doud. Do si keng Dären oder Dëschtelen. Keng schlecht oder gemeng Leit liewen do. Jiddereen ass ëmmer ganz, ganz frou. Den Himmel ass och voller schéiner Musek. D'Déiere si frëndlech an zam. Am Himmel brauchts de ni ze schlofen. Do ass et net däischter oder Nuecht, et ass ëmmer hell.

Den Himmel ass eng perfekt Plaz, wou perfekt Mënschen a perfekt Engele mat engem perfekte Gott zesumme liewen. Et ass schwéier ze beschreiwen, wéi wonnerbar dat ass.

Stell der vir, du kéints eng Kéier séier an den Himmel era luussen. Kanns du der virstellen, wéi et ass, am Himmel ze liewen?

*An hie wäert d'Tréine vun hiren Aen ewechwëschen. Et wäert weder Doud,
nach Trauer, nach Gejéimers, nach Leed méi ginn. Offenbarung 21,4*

*Keen Aen huet gesinn, keen Ouer huet héieren, a kengem Mënsch ass et an de Sënn komm,
wat Gott virbereet huet... 1. Korinther 2,9*





Froen iwwert dat zweet Kapitel

1. Wann s du an der Natur ronderëm kucks an all déi Saache gesäis, déi gemaach gi sinn, da kanns du gesinn, datt Gott ganz mächtig ass. Wéi vill weess Gott?
2. Wiem gehéiert d'Welt?
3. Firwat gehéiert d'Welt dem Här?
4. Gott hätt d'Welt ganz ellë kënnen maachen, mä hien huet se schéi gemaach. Firwat huet Gott sou eng schéi Welt gemaach?
5. Gott huet Regele gemaach, fir datt d'Welt op déi richtig Manéier fonctionnéiert. Wéi géif d'Welt ouni Regelen ausgesinn?

6. Wéi gëtt eppes genannt, wou näischt Schlechtes drun ass, a wat an allen Hisiichten gutt ass?
7. Firwat konnt Gott nëmmen eng perfekt Welt erschafen?
8. Gott leeft an engem perfektem Heem. Wéi heescht säin Heem?
9. Ziel mer dräi Saachen op, déi d'Bibel iwwert den Himmel seet?



Déi béis Engelen

D'Bibel seet eis, datt Gott ganz mächtig ass. Hie weess alles. Hien huet d'Welt an alles, wat dran ass, erschaf, einfach andeems hie geschwat huet. Gott huet se perfekt erschaf.

Gott huet Regele gi fir alles, wat erschaf gouf. Sou wosst alles op déi richtig Manéier ze fonctionnéieren. D'Sonn wosst, wéini si sollt opgoen a wéini si sollt ënnergoen. Och d'Engelen an d'Mënsche krute Regele fir sech drun ze halen. Sou wosste si, wéi si sollte liewen a wat si sollte maachen. Gott huet Regele ginn, fir datt jidderee kéint glécklech sinn.

Gott ass frou, wann alles reng, propper a sécher ass, well hien ass perfekt. Den Himmel ass eng perfekt Plaz, well Gott do wunnt. Gott wëll, datt alles perfekt ass.

*Gott huet alles, wat hie gemaach huet, gekuckt an et war ganz gutt.
An et war Owend, an et war Moien – de sechsten Dag. 1. Moses 1,31*



Wéi Gott seng perfekt Welt fäerdeg erschaf hat,
ass eppes Fuerchtbares geschitt.

Gott säi wichtegsten Engel ass onzefridde ginn.
Dësen Engel huet Luzifer geheescht. Gott hat
hien erschaf fir eng ganz besonnesch Aarbecht
ze maachen. Mä de Luzifer huet sech geduecht,
hien hätt eppes Besseres verdéngt.

De Luzifer huet sech entscheet, datt hie keen Engel
méi wéilt sinn. Hie wollt dem Här senge Regeln net
méi follegen. Hie wollt seng eege Regele maachen.
Hie wollt de Chef sinn. De Luzifer huet gemengt,
hien hätt verdéngt Gott ze sinn!

Hien huet vill aner Engelen dozou iwwerriet, géint
den Här ze kämpfen. De Luzifer an seng Engelen
hu Gott gehaast a wollten alles zerstéieren.

Duerch si ass den Himmel eng ganz traureg Plaz
ginn.

*...o Luzifer, Jong vum Mueren! ...Du sos an dengem Häerz: „Ech wëll an den Himmel eropklammen, ech wëll mäin
Troun iwwert Gott seng Stären héichhiewen, an ech wëll mech op de Bierg vun der Versammlung, am héchsten
Norden, setzen; ech wëll op d'Spëtze vun de Wolleke klammen, ech wëll wéi den Allerechteste sinn.“ Jesaia 14,12-14*



De Luzifer huet sech entscheet, dem Här net méi ze follegen an ee béisen Engel ze sinn. D'Bibel gebraucht ee ganz besonnescht Wuert fir déi Entscheidung ze beschreiwen. Dat Wuert ass Sënn.

Ze sënnegen heescht, sech z'entscheiden, sech net un dem Här säi perfekte Wee ze halen.

Schlecht Gedanken hunn a schlecht Saache maache sinn eng Manéier dem Här ze soen, datt s du mings, datt s du et besser wéisst wéi hien - datt s du méi intelligent wiers wéi Gott. Dat ass Sënn.

D'Sënn verdierft ëmmer alles.

*Däin Häerz ass agebild gi wéinst denger Schéinheet,
an du hues deng Wäisheet wéinst denger Pruecht verduerwen. Hesekiel 28,17
Dës sechs Saachen haast den HÄR, jo, siwe sinn ee Grauel fir hien: een agebilte Bléck... Spréch 6,16-17*



Wann eng Persoun eppes Schlechtes mécht, da sollt si net ouni Strof dovunner kommen. Si soll sech erwaarden, datt se bestrooft gëtt. Sou soll dat sinn - et ass jo nëmme gerecht.

Et ass net gerecht, wann iergendeen eppes Béises mécht an ni bestrooft gëtt. Et ass net richtig, wann d'Mënschen dovunner kommen, an net bestrooft ginn, wann se frech sinn. Gott huet dat net gär. Hie bestrooft alles, wat schlecht ass, mat der richteger Mooss. Et ass ni ze wéineg an ni ze vill.

Hien ass ëmmer gerecht.



Hien ass de Fiels, seng Wierker si perfekt, an all seng Weeër si gerecht. Een treie Gott, deen näischt Falsches mécht. Hien ass ee Gott vun der Gerechtegheet an der Oprichtigegheet. 5. Moses 32,4

Well Gott wäert all Wierk viru Geriicht bréngen, och alles wat verstoppt ass, ob gutt oder béiss. Priedeger 12,14

Gerechtegheet a Recht sinn d'Fëllement vun dengem Troun... Psalm 89,14



Well Gott perfekt ass, konnt hien déi béis Engelen net méi bei sech an sengem perfektem Heem wunne loossen. Si hunn den Himmel verduerwen. Also huet Gott si erausgehäit an huet hinne gesot, si dierften ni méi zeréckkommen⁵. Gott huet dem Luzifer een neien Numm ginn. Säin Numm war lo *Satan*, dat heescht *Feind*.

De Satan war lo ee Feind vu Gott.

... du hues gesënnegt. An ech hunn dech als Schënner vu Gott sengem Bierg verdrivwen, ...
du ofschiirmenden Cherub, ... Also hunn ech dech op d'Äerd gehäit, ... Hesekiel 28,16-17





Gott huet een neit Heem gemaach nëmme fir déi béis Engelen. Dëst Heem war perfekt un si ugepasst. Well dës Engele schrecklech schlecht waren, war dëst Heem och schrecklech schlecht. Well dës Engele béis an traureg waren, war dëst Heem och eng béis an traureg Plaz. Dëst neit Heem war eng schrecklech Plaz. Et gëtt de *Feierséi* genannt.

Deen, deen do wunnt, wunnt fir ëmmer do. Do wäerten de Satan an seng ganz béis Engele bestrooft ginn⁶.



*An den Däiwel, deen si verfouert hat, ass an de Feierséi gehäit ginn,...
an si wäerten Dag a Nuecht, fir Éiwegkeet an Éiwegkeet, gepéngegt ginn. Offenbarung 20,10
... dat éiwegt Feier, wat fir den Däiwel an seng Engele virbereed ginn ass. Matthias 25,41*



– Drëtt Kapitel –

Vill Engele sinn dem Satan nogaangen, wéi hien dem Här net gefollegt huet. Mä nach méi Engelen hunn dem Här weiderhi gefollegt. Si waren nach ëmmer Vermëttler vu Gott. Dës gutt Engele wunnen am Himmel, an déngen do dem Här.

Wat mengs de, wat déi gutt Engelen am Himmel maachen?



Sinn net all d'Engelen an den Déngscht geschéckt gi fir ze déngen...? Hebräer 1,14



Froen iwwert dat drëtt Kapitel

1. Wéi huet dem Här säi wichtegsten Engel geheescht?
2. Huet Gott dem Luzifer eng besonnesch Aarbecht ginn?
3. War de Luzifer frou mat der Aarbecht, déi Gott him ginn hat?
4. Wat wollt de Luzifer sinn?
5. D'Bibel gebraucht ee besonnescht Wuert fir dem Luzifer seng Entscheidung, dem Här net ze follegen, ze beschreiwen. Wéi ee Wuert ass dat?
6. Firwat wollt de Luzifer Gott sinn?
7. Wéi ginn déi schlecht Gedanken, déi een huet, oder déi schlecht Saachen, déi ee mécht, genannt?
8. Wann een eppes Béises mécht an net dofir bestrooft gëtt, ass dat richtig?
9. Firwat ass et net richtig, datt een dovunner kënnt, wann een eppes Béises mécht?
10. Ass Gott ëmmer gerecht oder nëmmen heiansdo?
11. Well Gott perfekt ass, konnt hien déi béis Engelen net bei sech an sengem perfektem Heem wunne loossen. Wat huet hie mat hinne gemaach?
12. Gott huet dem Luzifer den Numm Satan ginn. Wat heescht den Numm Satan?
13. Wéi heescht dat Heem, dat Gott fir de Satan an déi béis Engele gemaach huet?
14. Ass dem Satan säin neit Heem eng glécklech Plaz fir ze wunnen?
15. Vill Engelen hunn dem Här nach ëmmer gefollegt. Wou wunnen dës gutt Engelen?



– Véiert Kapitel –

Eng falsch Entscheidung

Wéi Gott d'Welt gemaach hat, war se grad sou wéi den Himmel. Do huet kee gekrasch, hat kee wéi oder Angscht. Do ware keng béis oder gemeng Leit. Et huet kee geklaut, gelunn oder geschloen. Do gouf et iwwerhaapt keng Sënn. Virun allem ass kee gestuerwen.

D'Welt, déi den Här erschaf hat, war eng wonnerbar Plaz fir ze wunnen. Gott wollt, datt et sou wier.

Alles war perfekt.

Hieft är Aen a kuckt an den Himmel: wien huet dat alles erschaf? Hie féiert all eenzele vun der Arméi vun de Stären eraus, a rifft se all mam Numm. Wéinst senger grousser Muecht an senger staarker Kraaft feelt keen eenzegen. ... Den HÄR ass den éiwege Gott, de Schöpfer vun den Extremitéiten vun der Äerd. Jesaia 40,26.28



D'Mënschen, déi den Här erschaf hat, waren och perfekt. Nëmme perfekt Mënsche kënne mat engem perfekte Gott zesumme liewen.

Den éischte Mann huet Adam geheescht, an senger Fra hire Numm war Eva. Den Här hat si gär an huet ee schéine Gaart fir si gemaach. Si konnten sech drun erfreen. De Gaart war voller Déieren a Villercher, Flëss a Baachen, Blummen a Beem. Vill vun de Beem hu Friichte gedroen.

Gott huet dem Adam an dem Eva erlaabt, iwwehall hinzugeen an alles z'iesse wat si wollten, ausser enger Saach.

*A Gott, den HÄR, huet de Mënsch geholl an huet hien an de Gaart vun Eden gesat,
fir en ze beplanzen an ze versueren. 1. Moses 2,15*

*...An der Mëtt vum Gaart stoungen de Bam vum Liewen an de Bam
vun der Erkenntnes vum Gudden a vum Béisen. 1. Moses 2,9*



Gott sot hinnen, d’Fruucht vun engem besonnesche Bam dierften si net iessen. Wann den Adam an d’Eva där enger Regel net géife follegen, an d’Fruucht vun deem enge Bam géifen iessen, da missten si stierwen.

Fir den Adam an d’Eva war et net schwéier, fir net vun deem enge Bam z’iessen. Et goufe ganz vill Uebstbeem am Gaart. Mä doduerch, datt si dem Här gefollegt hunn, hunn si him bewisen, datt si him gegleeft hunn. Si hunn him vertraut, datt hien dat Bescht fir si wollt.

Méi wollt Gott net vun hinnen - si sollten him nëmme gleewen. Et war sou, wéi wa Gott hinne géif soen: Vertrau mir.

Sou war et am Ufank - perfekt Mënschen an enger perfekter Welt, déi engem perfekte Gott vertraut hunn.

A Gott, den HÄR, huet dem Mann den Uerder ginn: „Du däerfs vu jidder Bam am Gaart iessen; awer vum Bam vun der Erkenntnes vum Gudden a vum Béisen däerfs du net iessen, well deen Dag, wou s du dovunner ëss, muss du ... ganz sécher stierwen. 1. Moses 2,16-17

... A Gott, den HÄR, huet allerlee Beem aus dem Buedem schéisse gelooss – Beem, déi lackeleg fir ze kucken, a gutt fir z’iesse waren. 1. Moses 2,9



Mä dunn ass de Satan, dee béisen a gemengen Engel, bei den Adam an d'Eva an hire schéine Gaart op Besuch komm. Hien huet dem Adam an dem Eva gesot, datt Gott hinnen eppes Schéines géif verstoppen. De Satan sot hinnen, wann si d'Uebst vum besonnesche Bam géifen iessen, da wieren si grad sou wéi Gott⁷.

Wat sollten den Adam an d'Eva maachen? Huet de Satan d'Wourecht gesot oder huet hie gelunn?

Wann si dem Satan géife gleewen, da géifen si d'Fruucht iessen. Mä wann si dem Här géife gleewen, da géifen si se net iessen.

Wiem sollten se gleewen – dem Här oder dem Satan?

Wiem sollten se vertrauen?

Si sot zur Fra: „Huet Gott wierklech gesot, ‚Dir däärt net vu jidder Bam am Gaart iessen?’ ... ‚Dir wäert ganz sécher net stierwen,“ sot d'Schlaang der Fra. „Well Gott weess, datt iech d'Aen opginn, wann dir dovunner iesst, an da sidd dir wéi Gott, an dir erkennt dat Gutt an dat Béist.“ 1. Moses 3,1.4-5



Weess du wat? Den Adam an d'Eva hu geduecht, datt et net sou eng wonnerbar Saach wier, an engem perfekte Gaart als perfekt Mënschen ze liewen. Si wollte méi. Si wollte wéi Gott sinn. Si hunn déi eng Saach gemaach, déi Gott hinne verbueden hat - si hunn d'Fruucht giess.

Den Adam an d'Eva hunn dem Satan seng Lige gegleeft. Si hu gemengt, de Satan géif besser wëssen, wat si bräichten, wéi Gott. Si hunn dem Här seng eenzeg einfach Regel gebrach. Si hunn sech mam Satan géint Gott gestallt.

Ass dat net traureg? Wann d'Mënschen net dat maachen, wat Gott vun hinne verlaangt, da bréngt dat ëmmer Trauer mat sech.

Wéi d'Fra gesinn huet, datt de Bam gutt war fir dovunner z'iessen, an datt e lackeleg fir ze kucke war, an datt e begierend war fir intelligent ze maachen, huet d'Fra d'Fruucht vum Bam geholl an huet giess, an si huet hirem Mann, dee bei hir war, dovunner ginn, an hien huet dovunner giess. 1. Moses 3,6



Well den Adam an d'Eva dem Här senger eenzeger Regel net gefollegt hunn, huet sech d'Welt ganz verännert. D'Welt war net méi sécher a perfekt. Onkraut an Däre sinn aus dem Buedem geschoss. D'Déieren hunn ugefaangen, sech géigesäiteg ëmzebréngen. D'Welt ass eng onsécher Plaz ginn, voller Egoismus, Krankheet an Trauer - eng Plaz vum Doud.

D'Sënn zerstéiert ëmmer Saachen - si zerstéiert dem Här seng perfekt Welt. D'Sënn huet déi speziell Bezéiung, déi Gott mam Adam a mam Eva hat, zerstéiert.

Den Adam an d'Eva hu gemengt, si hätten dat Bescht gewielt. Mä hir Entscheidung, Gott net ze follegen, huet alles zerstéiert.

Mam Schweess op der Stier wäerts du däi Brout iessen, bis du an de Buedem zeréckgees ... 1. Moses 3,19

... d'ganz Schöpfung ... jéimert a klot ... Réimer 8,22

Dowéinst huet Gott si un d'Loscht vun hiren Härzer ausgeliewert ... Si hunn d'Wourecht vu Gott mat enger Lige vertosch, an hunn der Schöpfung (dem Satan) ... gedéngt, aplaz dem Schöpfer ... Réimer 1,24-25



Gott sot dem Adam an dem Eva, datt hir Kierperen enges Daags wéinst hirer Sënn net méi géife fonctionnéieren. Si géife stierwen.

Hues du dech jeemools gefrot, firwat d'Mënsche stierwe müssen? D'Bibel seet, den Doud ass duerch dem Adam an dem Eva hir Sënn an d'Welt komm.

Den Doud ass eng schrecklech Saach. Wann ee Mënsch stierft, heescht dat, datt dës Persoun net méi op der Äerd wunnt. Si ass fort, a kënnt ni méi zeréck. Dowéinst sinn d'Leit traureg, wann si op ee Begriefnes ginn. Hire Frënd ass net méi do. Si fille sech ganz eleng. Si kräischen an hiert Häerz deet ganz vill wéi. Dat ass wat d'Bibel mengt, wann si vum Doud schwätzt. Den Doud heescht, datt s du vun engem Frënd getrennt bass.

... de Loun vun der Sënn ass den Doud... Réimer 6,23

An dir waart dout an ären Iwwertriedungen an an äre Sënnen. Epheser 2,1

... dir, déi soss Friemer a Feinde vu Gott waart... Kolosser 1,21



PEDERSEN

1876 - 1955
R.I.P.

ADAM

FONDLY REMEMBERED

MAS

Wéi den Adam an d'Eva op dem Satan seng Säit gewiesselt sinn, goufen si vun hirem Frënd getrennt. Si ware vu Gott getrennt. D'Frëndschaft war eriwwer. Si war net méi do. Den Adam an d'Eva hunn sech ganz eleng gefillt. Si hu wahrscheinlech gekrasch an hiert Häerz huet ganz vill wéigedoen. Si ware ganz, ganz traureg. Den Adam an d'Eva ware vun hirem beschte Frënd getrennt.

Mä wéi wann dat net schlëmm genuch wier, waren dat net all d'Konsequenzen. Well si op dem Satan seng Säit gewiesselt waren, missten si, dee Moment wou hir Kierpere stierwen, an dem Satan säi schrecklecht Heem wunne goen. Den Adam an d'Eva wieren dann éiweg vu Gott getrennt! Dat war sou eng traureg Noriicht, et war wéi een zweeten Doud.

Den Adam an d'Eva hunn sech bestëmmt schrecklech gefillt.

*Awer är Schold huet iech vun ärem Gott getrennt;
är Sënnen hunn säi Gesiicht virun iech verstoppt... Jesaia 59,2
Awer déi Feig, déi Ongleeweg, déi Gräisslech, d'Mäerder, d'Prostituéiert,
... an all d'Ligner hunn hir Plaz am Séi, dee mat Feier a Schwiewel brennt.
Dat ass den zweeten Doud. Offenbarung 21,8*



Mä dunn huet Gott dem Adam an dem Eva eng gutt Noriicht ginn.

D'Bibel seet, datt Gott si sou gär hat, datt hien ee Wee fonnt hat, fir si erëm perfekt ze maachen. Wann si sou, wéi Gott verlaangt, bei hie géife kommen, da géif Gott hinnen erëm erlaben, am Himmel ze wunnen.

Lo hunn den Adam an d'Eva missen eng Entscheidung treffen. Si konnten entweder sou, wéi Gott et wollt, bei hie kommen a fir ëmmer am Himmel, dem Här sengem perfektem Heem, wunnen, oder si konnten dem Här sengem Wee de Réck dréinen a fir ëmmer am Satan sengem schrecklechen Heem wunnen. Si hate soss keng aner Méiglechkeet - nëmme perfekt Mënsche kënne mat engem perfekte Gott zesumme liewen.

A wat fir engem Heem mengs de wuel, wollten den Adam an d'Eva wunnen?

... Et gëtt soss kee Gott ausser mir, ee gerechte Gott an ee Retter. ... Dréint iech zeréck bei mech, da gitt dir gerett, dir Extremitéiten vun der Äerd; well ech si Gott, an et gëtt soss keen. Jesaia 45,21-22







Froen iwwert dat véiert Kapitel

1. Well Gott den Adam an d'Eva gär hat, huet hie fir si eng besonnesch Plaz erschaf, wou si dra wunne konnten. Wat fir eng Plaz war dat?
2. Wéi vill Regeln huet Gott dem Adam an dem Eva ginn?
3. Wat fir eng Regel huet Gott dem Adam an dem Eva ginn?
4. Wat sot Gott, datt mam Adam a mam Eva géif geschéien, wann si dës eenzeg Regel géife brieche?
5. De Satan sot dem Adam an dem Eva, datt si engem géife gläichen, wann si vun der Fruucht vum Bam géifen iessen. Wiem géifen si da gläichen?
6. Huet de Satan d'Wourecht gesot oder gelunn?
7. Hunn den Adam an d'Eva dem Här senger eenzeger Regel gefollegt?
8. D'Bibel gebraucht ee Wuert fir dem Adam an dem Eva hir Entscheidung, net ze follegen, ze beschreiwen. Wéi ee Wuert ass dat?
9. Wat ass duerch d'Sënn an d'Welt kumm?
10. Wann d'Bibel iwwert den Doud schwätzt, heescht dat, datt s du ee Stär am Himmel gi bass, oder datt s du fir ëmmer vun engem Frënd getrennt gi bass?
11. Gott wollt net, datt den Adam an d'Eva beim Satan géife wunnen. Gott huet gesot, datt hien et hinnen géif erméiglechen, erëm perfekt ze sinn. Firwat wollt hien dat maachen?

Wiem vertrauen?

Wéi Gott d'Welt am Ufank erschaf hat, war se perfekt, grad sou wéi den Himmel.

D'Mënschen, déi Gott gemaach hat, waren och perfekt, well nëmme perfekt Mënsche kënne mat engem perfekte Gott zesumme liewen. Gott hat den Adam an d'Eva gär. Hie war hire beschte Frënd.



*A Gott, den HÄR, huet de Mënsch geholl an huet hien an de Gaart vun Eden gesat,
fir en ze beplanzen an ze versuergen. 1. Moses 2,15*

Gott huet alles, wat hie gemaach hat, gekuckt, an et war ganz gutt. 1. Moses 1,31




Mä dunn huet de Satan den Adam an d'Eva am Gaart besicht. Hien huet hinnen eng Lige verzielt. Hien huet gesot, datt si wéi Gott kéinte sinn. Den Adam an d'Eva hunn dem Satan gegleeft - si si mam Satan géint Gott gaangen. Si hu gesënnegt.

D'Bibel seet, wann ee sënnegt, da stierft een. Dem Adam an dem Eva hir Kierpere géifen al ginn a stierwen. No hirem Doud géifen si zesumme mam Satan a mat sengen Engelen an hiert schrecklecht Heem wunne goen. Dat ass sou schrecklech - et ass wéi nach een Doud. D'Bibel nennt dat den *zweeten Doud*.

D'Sënn mécht een ëmmer ganz vill traureg.

De Feierséi ass den zweeten Doud. Offenbarung 20,14

D'Séil, déi sënnegt, soll stierwen. Hesekiel 18,20



Gott wollt net, datt den Adam an d'Eva beim Satan géife wunnen. Hien hat den Adam an d'Eva gär. Mä si konnten awer net méi am Himmel wunnen - si waren net méi perfekt. Si hunn sech entscheet, Sënner ze sinn, wéi si dem Satan gegleeft hunn. Wat konnt Gott maachen?

Gott war net an enger Zwéckmillchen! Hien hat ee Plang. Hien huet dem Adam an dem Eva nëmmen ee klenge Stéckche vun sengem Plang verzielt - a wat si héieren hunn, war wierklech eng gutt Noriicht.

Gott huet versprach, ee ganz besonnesche Mann op d'Äerd ze schécken. Dëse Mann kéint den Adam an d'Eva vun der Strof, déi si wéinst hirer Sënn kruten, retten - hie kéint si virum *zweeten Doud* retten. Hie géif e Retter genannt ginn. Gott huet dem Adam an dem Eva net gesot, wéi de Retter si géif befreien, a wéi hien si erëm géif perfekt maachen. Mä Gott huet awer versprach, datt hien et géif maachen!

Gleewen den Adam an d'Eva dem Här des Kéier?

Vertrauen si him?

„...ech hu mä Gesiicht...virun dir verstoppt, mä mat éiweger Léift hunn ech Erbaarmen mat dir,“
seet den HÄR, däin Erléiser. Jesaia 54,8



Weess du, wat dat Wuert *vertraue* bedeit? Ech verzielen der eng kleng Geschicht.

Enges Daags ass de Pol mat sengem Bopa nieft engem Floss spazéiere gaangen. Hie konnt et einfach net loossen, an huet misse ganz no un de Bord vum Floss goen. Op eemol ass de Pol ausgerutscht a – PLÄTSCH! – ass hien an d’Waasser gefall. Hien huet gestruewelt a gekämpft fir iwwert dem Waasser ze bleiwen, währenddeems hie vum Stroum matgeholl gouf. Hien hat vill Angscht. D’Waasser war sou kal. Well seng Kleeder ganz naass waren, waren se ganz schwéier. De Pol konnt fille wéi hie lues a lues ënnergaangen ass.

Dunn ass dem Pol säi Bopa an d’Waasser gesprongen an ass op hien duergaangen. De Bopa war ee staarke Mann. Hie stoung mat sengen zwee Féiss sécher um Buedem vum Floss. Hien huet seng Äerm dem Pol ausgestreckt a geruff: „Huel meng Hand, Pol. Ech retten dech. Vertrau mir dach!“

Vertrau dem HÄR mat dengem ganzen Häerz, a verlooss dech net op däi Verstand. Spréch 3,5

Den HÄR ass... meng Rettung; wie soll ech fäerten?... Psalm 27,1



Wat sollt de Pol maachen?

Wann de Pol sengem Bopa géif gleewen, da géif hien no senger Hand gräifen. Mä wann de Pol sengem Bopa net géif gleewen, da misst hie kucken, datt hie géif eleng eens ginn. Hie kéint sengem Bopa oder sech selwer vertrauen.


Wiem sollt hie vertrauen?

Ech, ech sinn den HÄR, an ausser mir gött et kee Retter. Jesaia 43,11

Et ass besser een Ennerdaach beim HÄR ze sichen, wéi sech op d'Mënschen ze verloossen. ...

Den HÄR ass meng Stärkt a mäi Lidd; hien ass meng Rettung ginn. Psalm 118,8.14

...vertraut dem HÄR. Hien ass hir Hëllef... Psalm 115,11



De Pol huet nom Bopa senger Hand gegruff, an huet se fest ugehalen. Hien huet gegleeft, datt säi Bopa hie vum Erdrénke kéint retten. De Pol huet sengem Bopa vertraut. Hien huet déi richteg Entscheidung getraff.

Gott wollt, datt den Adam an d'Eva och sou eng Entscheidung géifen treffen. Hie wollt, datt si him géife vertrauen a gleewen, datt hien si vum Satan sengem schrecklechen Heem befreie géif. Jo, Gott hat ee Plang fir si ze befreien. Wäerten den Adam an d'Eva him dës Kéier vertrauen⁸?

Den Här hat hinnen net alles iwwert säi Plang oder iwwert de Retter gesot. Mä hien hat ee Versprieche ginn. Wann d'Mënschen dem Här géife vertrauen an senge Versprieche géife gleewen, da géif Gott si erëm perfekt maachen, wann si stierwen⁹. Perfekt Mënsche kënne mat engem perfekte Gott zesumme liewen. Si hunn einfach nëmme missen dem Här vertrauen. Sou einfach war et!


Dat war sou eng gutt Noriicht, datt d'Mënschen ugefaangen hunn, sech op deem Dag, wou de Retter wäert kommen, ze freeën.

Wie mengs du, wäert de Retter wuel sinn?




Froen iwwert dat fënneft Kapitel

1. Well den Adam an d'Eva op dem Satan seng Säit gewiesselt sinn, wäerten si, wann si stierwen, éiweg vu Gott getrennt sinn. Si wäerten am Satan sengem schrecklechen Heem misse liewen. Wéi nennt d'Bibel dës Zort vun Doud?
2. Gott wollt, datt si an sengem perfektem Heem géife liewen. Firwat war Gott net an enger Zwéckmillchen?
3. Huet Gott dem Adam an dem Eva alles vun sengem Plang gesot?
4. Gott huet versprach, datt hien ee besonnesche Mann géif schécken, deen den Adam an d'Eva virum zweeten Doud géif retten. Wéi géif dës Mann heeschen?
5. Sollten den Adam an d'Eva dat gleewen, wat Gott hinne versprach huet?



6. Huet de Pol sengem Bopa vertraut, well hie gegleeft huet, datt säi Bopa him kéint hëllefen, oder well säi Bopa Gummisstiwelen unhat?
7. Huet de Pol sengem Bopa vertraut, well säi Bopa hie gär hat, oder well säi Bopa soss näischt Besseres ze dinn hat?
8. Wéi de Pol am Waasser gestruewelt huet, huet hien sengem Bopa misse versprechen, datt hien sech géif schécken, éier säi Bopa hie géif retten?
9. Éier Gott hinne gesot huet, datt hien si géif retten, hunn den Adam an d'Eva Gott misse versprechen, datt si ni méi eppes Schlechtes géife maachen?
10. Wéi dem Pol säi Bopa gesot huet: „Vertrau mir dach“, huet hien dat wierklech sou gemengt?
11. Huet Gott dat wierklech sou gemengt, wéi hien de Mënsche gesot huet: „Vertrau mir, an da maachen ech dech erëm perfekt, wann s du gestuerwe bass“?
12. Firwat mussen d'Mënsche perfekt gemaach gi fir kënnen am Himmel ze liewen?



De Rettungsplang

Gott huet d'Welt erschaf, well hie wollt, datt se eng perfekt Plaz sollt sinn. Mä wéi den Adam an d'Eva decidéiert hunn, dem Här net méi ze vertrauen, gouf déi perfekt Welt verduerwen. Si gouf eng Plaz vun der Sënn.

D'Bibel seet eis, datt d'Sënn den Doud verursaacht. D'Sënn bréngt ëmmer vill Trauer mat sech.

Mä dunn huet Gott dem Adam an dem Eva eng wierklech gutt Noriicht ginn. Hien hat ee Plang fir d'Mënschen ze retten. Enges Daags wäert Gott ee Retter schécken. Dee wäert d'Mënsche vun all deene schlechte Saachen, déi wéinst der Sënn geschitt sinn, retten. Hie wäert d'Mënschen, déi um Satan senger Säit sinn, befreien. Da kënnen d'Mënschen erëm op Gott senger Säit sinn. Gott sot, de Retter géif d'Mënsche souguer virum *zweeten Doud* retten.

Gott sot, datt hien d'Mënschen erëm perfekt géif maachen, wann si him géife gleewen. Si hu misse vertrauen, datt dat, wat hie gesot hat, wouer wier.

Nëmme perfekt Mënsche kënnen an engem perfektem Himmel liewen.



Mä do war nach ëmmer ee grouse Problem.


Gott konnt den Adam an d'Eva net perfekt maachen an si einfach sou an den Himmel goe loossen, ouni iergend eppes wéinst hirer Sënn ze maachen. Gott kann d'Sënn näämlech net onbestrooft loossen.

Den Adam an d'Eva haten dem Här net gefollegt. Si waren op dem Satan seng Säit gewiesselt. Den Adam an d'Eva hate gesënnegt. Gott konnt net sou maachen, wéi wann dat ni geschitt wier. Gott konnt net iwwert hir Sënn wech kucken. Dat wier weder richtig, nach gerecht gewiescht. Alles, wat falsch ass, muss bestrooft ginn.

Mä wéi konnt Gott dem Adam an dem Eva hir Sënn bestrofen, ouni si ze bestrofen?

Dat ass eng ganz wichteg Fro. Du weess jo, datt den Adam an d'Eva Sënn haten, déi huet misse bestrooft ginn. Sou hu mir och alleguer Sënn, déi muss bestrooft ginn. All Jongen a Meedercher, an all Mammen a Pappen – jiddereen, deen op dëser Welt gebuer ginn ass, mécht falsch Saachen. Mir hunn alleguer gesënnegt. Mir si grad sou wéi den Adam an d'Eva.

Jidderee sollt wëssen, wéi Gott d'Sënn bestrofe kann, ouni d'Mënschen ze bestrofen.



Also huet Gott e bässe méi vun sengem Plang erkläert.

D'Mënschen hunn net richtig verstanen, wéi schlëmm hir Sënn wier. Dowéinst huet Gott d'Mënsche gefrot, eppes ze maache wat hinne géif hëllef fir dat besser ze verstoen. Dat géif hinne weisen, wéi d'Sënn eleng ka bestrooft ginn, ouni d'Mënschen ze bestrofen.

Gott huet hinne gesot, si sollten een Déier siche goen, an zwar ee Lämmchen. Et huet missen ee männlecht Lämmche sinn, et sollt also ee Jong sinn. Et dierft näischt um Lämmchen dru sinn. Et dierft kee Krëppel sinn - et dierft net seng Woll verléieren. D'Lämmchen huet misse perfekt sinn.

Si hunn d'Lämmche misse bei een Altar, eng besonnesch Plaz vum Doud, bréngen. Deejeinegen, deen d'Lämmche bruecht huet, huet seng Hand op dem Lämmchen säi Kapp misse leeën. Gott huet gesot, wann e Mënsch dat géif maachen, da géif Gott dat sou ugesinn, wéi wann d'ganz Sënn vun deem Mënsch op d'Lämmche géif geluecht ginn.

*... (hie) soll ee männlecht Déier ouni Fehler afferen... Hie soll seng Hand op de Kapp vum...
(A)ffer leeën, an et gëtt an senger Plaz ugeholl... 3. Moses 1,3-4*



Mä dunn huet eppes ganz Traureges misse geschéien.

Kanns du dech drun erënnere wéi den Doud wéinst der Sënn an d'Welt komm war? Ma, well d'Lämmche lo d'Sënn vum Mënsch hat, huet et misse stierwen. Dee Mënsch, deen d'Lämmche bruecht hat, huet et missen ëmbréngen. Dat huet de Mënsche gehollef ze gesinn, datt d'Lämmche wéinst deem Mënsch senger Sënn gestuerwen ass.

Gott huet d'Mënsche gefrot, dëst ze maachen, fir datt si dem Här säi Plang besser kéinte verstoen – wéi hien d'Sënn bestrooft ouni d'Mënschen ze bestrofen. D'Lämmchen ass aplaz vum Mënsch bestrooft ginn¹⁰.

Dëse Mënsch huet dat gemaach, wat Gott him gesot huet, well hie Gott vertraut huet. Hien huet gegleeft, datt d'Lämmchen an senger Plaz bestrooft gi war. Dee Moment, wou dee Mënsch géif stierwen, géif Gott hie perfekt maachen, an da kéint hien am Himmel liewen.

Bass du net frou, datt Gott ee Plang hat? Dëse Plang ass nëmmen eng Manéier fir eis ze weisen, datt hien eis gär huet.

...Gott... iwwerleet sech ee Plang, sou datt de Verstoussenen net vun him verstouss bleift. 2. Samuel 14,14



Froen iwwert dat sechst Kapitel

1. Firwat wollt Gott den Adam an d'Eva net bestrofen?
2. Konnt Gott sou maachen, wéi wann den Adam an d'Eva ni gesënnegt hätten?
3. Gott huet de Mënsche gewisen, wéi hien d'Sënn bestrooft, ouni si selwer ze bestrofen. Wat fir een Déier sollten si bréngen?
4. Huet et missen ee weiblecht oder ee männlecht Lämmche sinn?
5. Konnt d'Lämmchen ee gebrachent Been hunn? Konnt et krank sinn? Konnt d'Lämmchen seng Woll verléieren? Wéi huet d'Lämmche misse sinn?
6. Bei wat fir eng besonnesch Plaz vum Doud huet d'Lämmche misse bruecht ginn?
7. Wou huet de Mënsch missen seng Hand op d'Lämmche leeën?
8. Wat ass mam Mënsch senger Sënn geschitt, wéi hien seng Hand op dem Lämmchen säi Kapp geluecht huet?
9. D'Lämmchen huet dunn dem Mënsch seng Sënn gedroen. Wat huet du misse mam Lämmche geschéien?
10. D'Lämmchen huet näischt Falsches gemaach. Huet et verdéngt bestrooft ze ginn?
11. D'Bibel seet, datt d'Strof vun der Sënn den Doud ass. A wem senger Plaz ass d'Lämmche gestuerwen?
12. Firwat ass d'Lämmche bestrooft ginn, wann et näischt Falsches gemaach hat?
13. De Mënsch huet dat gemaach, wat Gott him gesot huet; hien huet ee Lämmche bruecht. Huet hien dat gemaach well hie geduecht huet, datt Gott d'Lämmcher net gär hätt, oder well hien deem vertraut huet, wat Gott gesot hat?
14. Wann d'Mënschen dem Här vertrauen, da ginn si, dee Moment wou si stierwen, an den Himmel. Wéi verännert Gott si, fir datt si do kënne liewen?






Richtig a falsch

Wéi Gott d'Welt am Ufank gemaach hat, war se perfekt.

Mä dunn hunn den Adam an d'Eva Gott net gefollegt. Si sinn op dem Satan seng Säit gewiesselt. D'Welt huet sech doduerch verännert a gouf eng Plaz vun der Sënn a vum Doud. D'Bibel seet, datt den Doud wéinst der Sënn komm ass.

Mä Gott hat den Adam an d'Eva gär – hien huet jiddereen op dëser Welt gär. Hie wollt net, datt d'Mënsche fir hir Sënn géife bestrooft ginn. Also hat Gott versprach, datt hien ee Retter schécke géif. Deejéinegen, dee vun der Trauer, déi d'Sënn mat sech bréngt, befreit wollt ginn, konnt gerett ginn. De Retter konnt si och virum zweeten Doud retten. D'Mënschen hunn einfach misse Gott vertrauen. Da géif Gott si perfekt maachen, sou datt si fir éiweg am Himmel kéinte liewen.

Dat war eng ganz gutt Noriicht.



Mä Gott konnt net iwwert de Mënschen hir Sënn wech kucken. Hie konnt net sou maachen, wéi wann näischt geschitt wier. Alles, wat falsch ass, huet nach ëmmer misse bestrooft ginn. Also hat Gott d'Mënsche gefrot, eppes ze maache fir säi Plang besser ze verstoen – wéi hien d'Sënn bestrooft ouni d'Mënschen ze bestrofen.

Gott hat d'Mënsche gefrot, ee perfekt männlecht Lämmche bei een Altor ze bréngen. Deejeinegen, deen d'Lämmche bruecht huet, huet seng Hand missen op dem Lämmchen säi Kapp leeën. Dëst huet geheescht, datt d'Sënn op d'Lämmche geluecht gouf. Et war sou, wéi wann d'ganz Sënn vum Mënsch op d'Lämmche gewiesselt wier. De Mënsch hat keng Sënn méi iwwreg, well d'Lämmchen d'Sënn vum Mënsch gedroen huet¹⁰. Et war sou, wéi wann hie perfekt wier. A weess de wat? Perfekt Mënsche kënne mat engem perfekte Gott an engem perfektem Himmel zesumme liewen.

Hie soll seng Hand op de Kapp vum Brandaffer leeën, an et gëtt ugeholl fir fir hien ze béissen... 3. Moses 1,4

Bréngt Affer vun der Gerechtegheet a vertraut dem HÄR. Psalm 4,5



Mä erënners du dech drun, datt d'ganz Sënn muss bestrooft ginn?

D'Lämmchen huet misse stierwen, well et lo dem Mënsch seng Sënn gedroen huet. Dat ass jo well den Doud d'Strof vun der Sënn ass. D'Lämmchen ass aplaz vum Mënsch gestuerwen. D'Lämmche gouf aplaz vum Mënsch bestrooft.

Wann iergendee béisaarteg handelt oder ...sënnegt, da soll hien ee Widder ouni Feeler vum Trapp als Reparatioun un den HÄR bréngen. ...De Widder ass ee Scholdaffer. 3. Moses 5,15

... deng Schold ass fort, a fir deng Sënn ass gebéisst. Jesaia 6,7



Mä munch Leit hunn dem Här sengem Plang net gegleeft. Si hu souguer anere verzielt, datt dem Här säi Plang net kéint richtig sinn. De Gedanken, Gott ze vertraue fir perfekt gemaach ze ginn, war zevill einfach. Si hu geduecht, si missten iergend eppes méi maachen. Dowéinst sinn si mat hirem eegene Plang komm – si hunn hir eege Regele gemaach.

Si hu gesot, wann si méi gutt Saache wéi schlecht Saache géife maachen, da wier Gott mat hinnen zefridden. Wann si léif wieren, an déi richtig Saache géife maachen, da wieren si gutt genuch fir am Himmel ze liewen.

Mä weess de wat? Dës Leit hunn net verstanen, wéi gutt si misste sinn, fir mam Här an sengem perfektem Himmel zesumme liewen ze kënnen.



Wann iergendee sënnegt an dat mécht, wat an iergendengem vum HÄR senge Gesetzer verbueden ass, och wann hien sech däers net bewosst ass, ass hien trotzdem schëlleg a soll seng Schold droen. 3. Moses 5,17



Dowéinst huet Gott munch Saachen erkläert.

Gott huet hinne gesot, wann si eppes géife klauen, egal wéi grouss oder kleng, da wieren si net gutt genuch fir an den Himmel ze kommen.

Gott huet hinnen och gesot, wann si Suen oder Saache méi gär hätte wéi hien, da wieren si net perfekt.

Hien huet gesot, wann si jeemools géifen neideg ginn, da wier dat Sënn.

Wann si jeemools géifen eng Lige verzielen, egal wéi grouss oder kleng, da wieren si net perfekt. Et war eng Sënn fir Ligen ze verzielen.

Gott huet weider gesot, wann si mat hirer Mamm oder hirem Papp frech wieren, och wann et nëmmen eng Kéier wier, da wieren si net méi perfekt.

Nëmme perfekt Mënsche kënne mat engem perfekte Gott zesumme liewen.

*„Éier däi Papp an deng Mamm ... Du solls net dout maachen ... Du solls net klauen.
Du solls kee falscht Zeegnes géint däin Noper ofleeën.“ 2. Moses 20,12-16*

*Well Gott ... riicht d’Gedanken an d’Intentioune vum Häerz. An et ass keng Kreatur virun him verstoppt,
mä alles ass plakeg an opgedeckt virun den Ae vun deem, deem mir Rechenschaft ofleeë müssen. Hebräer 4,12-13*

Handwritten text in a South Indian script, likely Grantha or Tamil, arranged in approximately 10 lines. The text is written on aged, yellowed paper with irregular, torn edges. The script is dense and appears to be a form of classical or religious literature. The characters are finely etched or written in a dark ink, and the overall appearance is that of an ancient manuscript page.

Gott huet de Mënschen am ganzen zéng Regele ginn. Gott huet dës zéng Regeln déi *Zéng Geboter* genannt. Fir sécher ze stellen, datt keen dës Geboter géif vergiessen, huet hien se op zwee flaach Steng néier geschriwwen. Dës Steng hunn Tafel geheet. Well dës Regeln op Stee geschriwwen waren, konnt keen seng eege Regele dobäi setzen, oder anerer wech huelen. Dem Här seng Regeln änneren ni.

Den Här huet déi stengen Tafelen engem Mann ginn, dee Moses geheet huet. De Moses sollt de Mënsche weisen, wat Gott geschriwwen hat.

Jiddereen huet misse verstoen, datt egal wéi vill hie géif probéieren, hien dem Här seng zéng Regeln ni perfekt kéint anhalen. Hie kéint ni brav genuch si fir zesumme mam Här ze liewen. Hie war ee Sënner. Hie konnt sech net selwer vun der Strof, déi seng Sënn verdéngt huet, retten.

Jiddereen huet ee Retter gebraucht - jiddereen huet ee Lämmche gebraucht.

*... wann iergendeen dat ganz Gesetz anhält, mä op engem Punkt fällt,
dann ass hie virum ganze Gesetz schëlleg. Jacques 2,10*

*Well kee Mënsch kann duerch d'Wierker vum Gesetz virum him gerechtfäerdigt ginn,
mä duerch d'Gesetz kënt d'Erkenntnes vun der Sënn. Réimer 3,20*



Froen iwwert dat siwent Kapitel

1. Wann d'Mënsche sënnege, ka Gott dann sou maache wéi wann näischt geschitt wier?
2. Gott huet d'Mënsche gefrot eppes ze maachen, dat hinne géif hëllef fir besser ze verstoen, wéi d'Sënn bestrooft gëtt ouni d'Mënschen ze bestrofen. Wat huet Gott si gefrot fir ze bréngen?
3. Dee Mënsch, deen d'Lämmche bruecht huet, huet seng Hand op dem Lämmche säi Kapp geluecht. Wat huet dat gewisen?
4. Wat huet misse mam Lämmche geschéie well et dem Mënsch seng Sënn gedroen huet?
5. D'Bibel seet, datt d'Stof vun der Sënn den Doud ass. A wem senger Plaz huet d'Lämmche misse stierwen?
6. Munch Leit hunn net un dem Här säi Plang gegleeft. Si hunn hir eege Regele gemaach. Wat wollten si maachen, fir datt Gott mat hinnen zefridde wier?
7. Wéi vill Mol hunn d'Mënsche misse klaue fir net méi perfekt ze sinn?
8. Wéi nennt d'Bibel dat, wann d'Mënschen d'Sue méi gär hu wéi Gott?
9. Ass et an der Rei wann ee litt, sou laang et nëmmen eng kleng Ligen ass?
10. Ass eng Persoun ee Sënner wann se nëmmen eng kleng Lige verzielt?
11. Wéi nennt d'Bibel dat, wann een neideg ass?
12. Wat seet d'Bibel iwwert Kanner, déi frech mat hirer Mamm oder hirem Papp sinn?
13. Aner Leit wëssen net, wat mir lues an eisem Kapp denken, mä wéi vill weess Gott vun deem, wat mer denken?
14. Wa mer probéieren, ganz brav ze sinn a keng schlecht Saachen ze maachen oder ze denken, si mer da perfekt genuch fir am Himmel ze liewen?





De versprachene Retter

D'Bibel seet, datt nümme perfekt Mënsche mat engem perfekte Gott zesumme liewe kënnen. Mä d'Mënschen sinn awer net perfekt. Mir alleguer, egal ob Jong oder Meedchen, Mamm oder Papp, maache schlecht Saachen. Well et jo nümme richtig ass, datt d'ganz Sënn bestrooft gëtt, heescht dat awer, datt mir ee Problem hunn. Mir müssen dann och bestrooft ginn, well mir all sënnegen. Dat ass eng ganz schlecht Noriicht.

Mä erënner dech drun, wéi Gott eng gutt Noriicht hat. Erënner dech un säi Plang! D'Bibel seet, datt Gott virgesinn hat, eis ee Retter ze ginn, deen enges Daags géif op d'Äerd kommen.

Dëse Retter wäert all eenzelen, dee vun der Strof vun der Sënn wëllt befreit ginn, erléisen.

Ech, ech sinn den HÄÄR, an ausser mir gëtt et kee Retter. Jesaia 43,11



Während Joren hunn d'Mënsche sech op deen Dag gefreet, wou de Retter komme sollt. Währenddeems si op de Retter gewaart hunn, huet Gott hinne gesot, si sollten eppes maachen, dat hinne géif hëllefen ze verstoen, wéi hien d'Sënn bestrooft ouni si selwer ze bestrofen.

Gott huet si gefrot, ee perfekt Lämmche bei den Altor ze bréngen. Deejéinegen, deen d'Lämmche bruecht huet, huet seng Hand missen op dem Lämmchen säi Kapp leeën – dëst huet gewisen, datt d'Sënn vum Mënsch op d'Lämmche gewiesselt ass. D'Lämmchen huet du misse stierwen – well d'Sënn gött jo mam Doud bestrooft¹⁰.

D'Lämmchen ass aplaz vum Mënsch gestuerwen. Dëst huet de Mënsche gewisen, wéi Gott d'Sënn bestrofe konnt, ouni si selwer ze bestrofen.

Sou war et da während Joren. Laang Zäit hunn d'Mënschen sech op de Retter, dee komme sollt, gefreet. Si hunn sech gefrot, wien hie wäert sinn. Wéi wäert hien heeschen? Wéi wäert hie kommen? Wéi wäert hien si retten?

Ech waarden op den HÄR, meng Séil waart, ... hoff op den HÄR, well beim HÄR ass trei Léift a bei him ass vill Erléisung. An hien erléist Israel vun all hire Sënnen. Psalm 130,5.7-8



Endlech war et sou wäit. De Retter ass op d'Äerd komm! A weess de wat? Et huet sech eraus gestallt, datt de Retter Gott selwer war. Jo, ganz richtig, Gott war op d'Äerd komm. Ass dat net erstaunlech?

Gott ass ee Mann ginn, fir de Retter ze sinn. Dëst huet net geheescht, datt hien opgehale huet, Gott ze sinn. Den Här huet awer gewosst, datt den eenzege Wee fir eis ze rette wier, ee vun eis ze ginn. Hien ass als kleng Puppelchen op d'Welt komm, sou wéi all aner Jongen a Meedercher.

Hie gouf an eng ganz normal Famill eragebuer. Seng Mamm huet Maria geheescht an säi Papp Jousef. Dës Famill war zwar ganz gewéinlech, mä net de Puppelchen.

De Puppelche war Gott selwer.

*Well eis ass ee Kand gebuer, eis ass ee Jong ginn, ... an hien heescht: Wonnerbare Beroder,
Mächtige Gott, Éiwege Papp, Pränz vum Fridden. Jesaia 9,6*



Den Här gouf net an enger Klinik als Puppelche gebuer. Hie gouf an engem Stall gebuer – dat ass eng Plaz, wou Scheewercher a kleng Lämmercher ënner Daach sinn.

Déi éischt, déi bei hien op Besuch koumen, waren Hierden. Dat si Männer, déi no de Lämmercher kucken an duerfir suergen, datt de Lämmercher näischt geschitt.

Wéi Gott op d'Äerd kouw, ass hie Jesus genannt ginn. Den Numm Jesus bedeit *Gott ass deejéinegen, dee rett*.

De Jesus war dee Retter, dee Gott dem Adam an dem Eva viru laanger Zäit versprach hat. Hien ass komm fir eis vun der Strof, déi mir duerch d'Sënn verdéngt hunn, ze retten.

An hatt huet ... ee Jong op d'Welt gesat.

An hatt huet hien a Lompen gewéckelt an huet hien an eng Krëpp geluecht, ... Luc 2,7

An der selwechter Géigend goufen et op engem Feld Hierden, déi nuets hiren Trapp gehitt hunn.

An op eemol stoung een Engel vum Här virun hinnen, a ... sot hinnen: „... Ech annoncieren iech eng gutt

Noriicht vu grousser Freed, déi fir jidderee wäert sinn. Haut ... ass iech ee Retter gebuer ginn;

hien ass Christus den Här. ... dir fannt ee Kand a Lompe gewéckelt an et läit an enger Krëpp.“ Luc 2,8-12

An hien huet him den Numm Jesus ginn. Matthias 1,25



De Jesus huet vill wonnerbar Saache gemaach, während hien op der Äerd war – wonnerbar Saachen, déi normalerweis net geschéien.

Hien huet déi Blann geheelt, an si konnten erëm gesinn. Sou sinn si net méi getrollt a gefall. Hien huet och déi geheelt, déi net konnte goen. Sou konnten si erëm lafen a spillen. De Jesus huet ee klengt Meedchen erëm lieweg gemaach, sou waren dem Meedchen seng Frënn erëm frou. Hien huet och mat engem klengen Jong sengem Iesse ganz ville Leit z'iesse ginn. Dono war kee méi hongereg.

De Jesus huet all déi Saache gemaach, fir datt jidderee wéisst, datt hie Gott ass.

Hien hat d'Mënsche gär.



An de Jesus ass duerch ganz Galiläa gaangen, ... an huet d'gutt Noriicht ... verkënnegt; hien huet all Krankheet a kierperlech Schwächt vum Vollek geheelt. ... an si hunn him all déi bruecht, déi duerch verschidde Krankheete krank waren, déi, déi ënner extremer Péng gelidden hunn, ... Epileptiker a Leit, déi gelämt waren, an hien huet si all geheelt. Matthias 4,23-24



Enges Nuechts sinn dem Jesus seng Frënn mat hirem Boot iwwert ee grouse Séi gesezelt. Do sinn si an ee schlëmme Stuerm geroen. De Wand war staark, a riseg Welle sinn un dem Boot seng Säite geschloen.

D'ganz Nuecht duerch hunn si probéiert, erëm zeréck un d'Uwwer ze rudder. Mä de Wand war ze staark. Géint der Moien hunn si ee Mann um Waasser goe gesinn. Si hu geduecht, et wier ee Geescht! Si haten Angscht.

Dunn huet eng Stëmm hinnen zougeruff: „Ech sinn et, dir braucht keng Angscht ze hunn!“ Et war de Jesus!

De Péiter, ee vun de Männer um Boot, huet dunn dem Jesus zeréck geruff: „Wann s du et bass, da so mer, ech soll iwwert d'Waasser bei dech kommen.“

De Jesus sot: „Komm.“

De Péiter ass aus dem Boot geklommen an ass op de Jesus duergaangen.

Während der ... Nuecht ass de Jesus bei si komm, andeems hien iwwert de Séi gaangen ass. ... De Péiter huet geäntwert: „Här, wann s du et bass, da gëff mer den Uerder fir iwwert d'Waasser bei dech ze kommen.“ „Komm“, sot hien. An de Péiter ass aus dem Boot geklommen an ass um Waasser gaange fir bei de Jesus ze kommen. Matthias 14,25.28-29



Mä wéi de Péiter de Wand an d'Welle gesinn huet, krut hien et mat der Angscht ze dinn an huet ugefaangen, ënnerzegen. Wat sollt hie maachen? Hie kéint probéieren, selwer eens ze ginn oder hie kéint de Jesus ruffe fir hien ze retten.

Wiem sollt hie vertrauen?

De Péiter huet gesinn, datt hien sech selwer net kéint retten – de Jesus war deen eenzegen, deen hie konnt retten. Hien huet geruff: „Här, rett mech!“ De Jesus huet seng Hand ausgestreckt an huet de Péiter gepaakt. De Péiter huet déi richteg Entscheidung getraff.

Grad sou, wéi de Péiter sech net selwer konnt vum Erdrénke retten, sou kënne mir eis net selwer vun der Strof, déi mir fir eis Sënn kréien, retten. Mir brauchen ee Retter.

De Jesus ass eise Retter. Mir müssen him vertrauen.

Mä wéi hien de Wand gesinn huet, krut hien Angscht, a wéi hien ugefaangen huet ënnerzegen, huet hie geruff: „Här, rett mech!“ De Jesus huet direkt seng Hand ausgestreckt, huet hie gepaakt a sot: „Du Klengleewegen, firwat hues du gezweiwelt?“ Matthias 14,30-31







Froen iwwert dat aacht Kapitel

1. Wien huet den Himmel verlooss fir als Retter op d'Äerd ze kommen?
2. Gott ass Mënsch ginn, fir de Retter ze ginn. Huet dat geheescht, datt hien opgehale huet, Gott ze sinn?
3. Den Här wouss, datt et keen anere Wee géif ginn eis ze retten, wéi ee vun eis ze ginn. Wéi ass hien op d'Äerd komm?
4. Den Här gouf als Puppelchen an engem Stall gebuer - dat ass eng Plaz, wou Scheewercher a kleng Lämmercher ënner Daach sinn. Wien ass den Här fir d'éischt besiche komm?
5. Wéi huet Gott geheescht, wéi hien op d'Äerd komm ass?
6. Den Numm Jesus bedeit „Gott ass deejéinegen, dee rett“. Wéi gouf de Jesus nach genannt?
7. De Jesus huet déi Blann geheelt, sou datt si erëm konnte gesinn. De Jesus huet déi geheelt, déi net konnte goen, a Leit erëm lieweg gemaach. Wat sollten d'Leit doduerch iwwert hie wëssen?
8. Wien hunn de Péiter an seng Frënn um Waasser goe gesinn?
9. Wat ass geschitt, wéi de Péiter ugefaangen huet, op de Wand an d'Wellen ze kucken?
10. De Péiter hätt kënne probéieren, selwer eens ze ginn, oder hien hätt kënne de Jesus ruffe fir hien ze retten. Wat huet hie gemaach?

Eist perfekt Lämmchen

Ganz am Ufank vun der Zäit, wou den Adam an d'Eva gesënnegt haben, hat Gott hinne versprach, datt hien enges Daags ee besonnesche Mann géif schécken. Dëse Mann géif de *Retter* heeschen. De Retter géif d'Mënsche virum *zweeten Doud* a vun der Trauer, déi d'Sënn mat sech bréngt, retten.

Wéi den Dag do war, wou de Retter komme sollt, huet Gott selwer den Himmel verlooss an ass op d'Äerd komm. Gott de Schöpfer war de Retter. Hien huet Jesus geheescht, wat *Gott ass deejéinegen, dee rett* bedeit.

D'Rettung ass a soss kengem ze fannen, well et gëtt keen aneren Numm ënnert dem Himmel, deen de Mënsche ginn ass, duerch dee mir musse gerett ginn. Apostelgeschicht 4,12



De Jesus huet op der Äerd gelieft – hien huet Frënn besicht, geschafft, giess, geschlof, ass op vill Plaze gereest – grad wéi all anere Mënsch. Mä de Jesus war awer och ganz aneshtes wéi s du an ech. De Jesus huet ni eppes falsch gemaach.

Déi ganz Zäit, wou hien op der Äerd gelieft huet, souguer als klenge Bouf, huet hien ni eng schlecht Saach gemaach. Mol net déi klengste schlecht Saach huet hie gemaach. De Jesus war deen eenzege Mënsch, deen ee perfekt Liewe gelieft huet. Hien huet ni gesënnegt.

De Jesus hat keng Sënn, déi hätt misse bestrooft ginn, well hien ee perfekt Liewe gelieft huet. Hien huet net misse stierwen. D'Mënsche stierwen nëmme wéinst der Sënn, an de Jesus huet ni gesënnegt.

Dowéinst kann hien (de Jesus) och déijéineg ganz retten, déi duerch hie bei Gott kommen, ... deen helleg, onschëlleg, reng, vun de Sënner getrennt a méi héich wéi den Himmel ass. Hien huet et net néideg, ... all Dag Affer duerzebréngen, ... fir seng Sënnen ... Hebräer 7,25-27



Och wann de Jesus net huet misse stierwen, huet hien de Leit gesot, datt d'Mënschen hien enges Daags géifen huelen, an hie géife beetschen. Duerno géifen si hien op een hëlzent Kräiz neele fir hien ëmzebréngen. De Jesus géif stierwen. Nodeems hie fir dräi Deeg dout gewiescht wier, géif hien erëm lieweg ginn.

All déi Leit, déi hien héieren hunn dëst soen, hunn him net gegleeft. Si hunn him gesot, hie sollt ophalen, sou Saachen ze soen.

Mä dat, wat de Jesus sot, war wouer. Hien huet senge Frënn de Rescht vum Här sengem Plang verzielt – hien huet hinnen eng gutt Noriicht verzielt.

*Well Gott hat d'Welt sou gär, datt hien säin eenzege Jong hierginn huet,
fir datt jiddereen, deen un hie gleeft, net verluer geet, mä éiwegt Liewen huet. Jang 3,16*

*... de Jesus (huet) ugefaange senge Jénger z'erklären, datt hie misst op Jerusalem goen,
a vill Saache misst... leiden, an datt hie misst ëmbruecht ginn, an um drëttan Dag operstoen. Matthias 16,21*



Alles ass ëm Gott säi Versprieche gaangen – et ass alles ëm d'Lämmche gaangen.

Kanns de dech un d'Lämmchen erënneren? Wéi d'Mënschen ee Lämmchen hu misse bréngen?

De Jesus ass Gott säi Lämmche genannt ginn.

Kanns de dech drun erënneren, datt et ee männlecht Lämmchen huet misse sinn?

A grad sou war de Jesus ee Mann.

Kanns de dech drun erënneren, datt et ee perfekt Lämmchen huet misse sinn?

An erëm, de Jesus war perfekt. Hien huet ni gesënnegt.

Den nächsten Dag huet hien de Jesus gesinn op hien duerkommen, an huet gesot:
„Kuckt, d'Lämmche vu Gott, dat d'Sënn vun der Welt wech hält!“ Jang 1,29

Mä duerch dat wäertvollt Blut vum Christus, wéi vun engem Lämmchen ouni Feeler a Flecken. 1. Péiter 1,19



Kanns de dech drun erënneren, wéi d'Lämmche bei een Altor, eng besonnesch Plaz vum Doud, bruecht gouf?

Nodeems de Jesus eng Zäitchen op der Äerd war, huet hien zougelooss, datt d'Mënschen hien op d'Kräiz, eng besonnesch Plaz vum Doud, bruecht hunn.

A kanns de dech drun erënneren, wéi deejéinegen, deen d'Lämmche bruecht huet, seng Hand op dem Lämmchen säi Kapp huet misse leeën – fir ze weisen, datt dem Mënsch seng Sënn op d'Lämmche geluecht gouf?

D'Bibel seet eis, datt all eis Sënn vum eis wech geholl an op de Jesus geluecht goufen, wéi hien op d'Kräiz geneelt gouf. De Jesus huet jidderengem seng Sënn op sech geholl – vun deene Bravste bis zu deene Béisten – d'Sënn vum all eenzelne Jong, Meedchen, Mamm a Papp gouf op de Jesus geluecht.

De Jesus huet all déi béis Saachen, déi jeemools gesot gi waren, héieren. Hie wosst all déi schrecklech Saachen, déi jeemools gemaach gi waren. Hien huet all déi Roserei, déi jeemools gewise gi war, gesinn. Hien huet all déi Péng, déi jeemools verursaacht gi war, gefillt. Der ganzer Sënn hire schrecklechen Dreck gouf op de perfekte Jesus geluecht. Hien huet all déi Saache gefillt, all déi Saache gewosst an hien huet all déi Saachen op sech geholl. Dat war bestëmmt ganz schrecklech.

Jo. Et hat alles mat engem Lämmchen ze dinn.

De Jesus war d'Lämmchen – eist Lämmchen.



Mä erënner dech drun, wéi d'Geschicht weider gaangen ass. Kanns de dech drun erënnere wat mam Lämmche geschitt ass? Well d'Sënn muss bestrooft ginn, an d'Strof vun der Sënn den Doud ass, huet d'Lämmche misse stierwen.

Et war grad sou mam Jesus.

Well all eis Sënnen op hie geluecht gi waren, huet de Jesus misse bestrooft ginn – de Jesus huet misse stierwen.

D'Bibel seet, datt de Jesus an eiser Plaz gestuerwen ass. Hien huet déi ganz Strof, déi mir wéinst eiser Sënn verdéngt hunn, op sech geholl, fir datt mir den zweeten Doud ni missten erliewen.

De Jesus war dat lescht Lämmchen – et musse keng aner Lämmercher méi bei den Altor bruecht ginn. De Jesus huet alles gemaach.

Gott huet säi Versprieche agehalten.

... Well de Christus, eist ... Lämmchen, ass geaffert ginn. 1. Korinther 5,7

Well hien huet deen, dee keng Sënn hat, zur Sënn (zum Sënnaffer) fir eis gemaach, fir datt mir, an him, d'Gerechtegkeet (d'Perfektioun) vu Gott kéinte ginn. 2. Korinther 5,21

Gott huet hien higestallt als Boussaffer, duerch de Clawen un säi Blut. Réimer 3,25



Froen iwwert dat néngt Kapitel

1. Wéi de Jesus op der Äerd war, huet hie grad wéi all anere Mënsch gelieft. Mä gläichzäiteg war de Jesus awer och ganz anescht wéi mir. Wat huet de Jesus ni gemaach?
2. Den Doud ass nëmme wéinst der Sënn an d'Welt komm. De Jesus huet ni gesënnegt. Hätt hien da misse stierwen?
3. De Jesus sot, datt d'Mënschen hie géife beetschen an hien duerno op een hëlzent Kräiz géifen neele fir hien ëmzebréngen. Nodeems hie fir dräi Deeg dout gewiescht wier, géif hien erëm lieweg ginn. Wéi konnt de Jesus all déi Saache wëssen, obwuel si nach net geschitt waren?
4. D'Bibel seet, datt de Jesus wéi d'Lämmercher war, déi bei den Altor bruecht goufen. De Jesus hat nach een Numm, deen d'Leit un d'Lämmercher erënnert huet.

Wéi war deen Numm?

5. D'Lämmercher hu misse perfekt sinn. A wéi enger Hisiicht war de Jesus perfekt?
6. D'Lämmercher goufe bei den Altor, eng besonnesch Plaz vum Doud, bruecht. Bei wat fir eng besonnesch Plaz vum Doud gouf de Jesus bruecht?
7. Eis ganz Sënn gouf op de Jesus geluecht. Wat huet dowéinst misse mam Jesus geschéien?
8. D'Bibel seet eis, datt de Jesus déi ganz Strof, déi mir wéinst eiser Sënn verdéngt hätten, op sech geholl huet. Wéi vill Sënn, déi nach muss bestrooft ginn, bleift nach iwwereg?
9. Firwat brénge mir keng Lämmercher méi bei een Altor?







Fir ëmmer liewen

Viru laanger Zäit hat Gott eis ee Retter versprach. Hie géif kommen an d'Mënsche vun der Strof, déi d'Sënn mat sech bréngt, retten. Hie géif d'Mënsche virum *zweeten Doud* retten.

Gott hat de Mënsche gesot, si sollten ee Lämmche bréngen. Hie wollt de Mënsche weisen, wéi d'Sënn bestrooft konnt ginn, ouni si selwer ze bestrofen.

Wann hien ee Lämmchen als Affër bréngt, da soll hien et virum HÄR afferen. Hie soll seng Hand op de Kapp vun sengem Affër leeën, an et virum Zelt vun der Begéinung schluechten. 3. Moses 3,7-8



Mä iwwerlee mol! D'Mënschen hunn deemools missen ee Lämmchen hunn. Hu mir ee Lämmchen?

Jo, mir hunn ee Lämmchen. Eist Lämmche war de Jesus. Hie gouf „Gott säi Lämmchen” genannt.

D'Mënschen hu missen ee perfekt Lämmche bréngen. Also, lauschter gutt no. Wie war déi eenzeg Persoun, déi jeemools ee perfekt Liewe gelieft huet – déi net eng Kéier gesënnegt huet?

Dat ass richtig. Et war de Jesus. Hie war eist perfekt Lämmchen.

D'Mënsche sollten ee Lämmche bei den Altor, eng besonnesch Plaz vum Doud, bréngen. Bei wat fir eng besonnesch Plaz vum Doud gouf de Jesus bruecht? Kanns de dech drun erënnere?


Et war een hëlzent Kräiz.

Dëst ass lo ganz wichteg. Kanns de dech drun erënnere wéi de Mënschen hir Sënn op d'Lämmche geluecht gouf? Denk mol ganz gutt no. Wiem seng Sënn gouf op de Jesus geluecht?

Dat ass richtig. Et war eis Sënn.

Well d'Lämmchen de Mënschen hir Sënn gedroen huet, huet et misse stierwen. Wien ass an eiser Plaz gestuerwen?

Richtig. Et war de Jesus. Hien ass fir eis gestuerwen.



Wéi de Jesus op d'Kräiz geneelt gouf, gouf déi ganz Sënn vun all de Jongen, Meedercher, Mammen a Pappen op hie geluecht. Well de Jesus keng eege Sënn hat, fir déi hie selwer hätt misse stierwen, konnt de Jesus fir een anere stierwen – hie konnt fir eis stierwen.

Eis Sënn huet de Jesus ëmbruecht.

Hien huet gewielt, an eiser Plaz bestrooft ze ginn. Sou konnt hien eis vun der Strof, déi eis Sënn verdéngt huet, retten.

De Jesus ass eise Retter.

... hien huet säi Mond net opgemaach; hien ass wéi ee Lämmche bei d'Schluechtbänk gefouert ginn ... Jesaia 53,7

Well de Loun vun der Sënn ass den Doud, mä de Cadeau vu Gott ass éiweg Liewen am Jesus Christus ... Réimer 6,23

Well duerch d'Gnod sidd dir gerett duerch de Glawen, an dëst net vun iech selwer aus – et ass ee Cadeau vu Gott.

Net als Resultat vu Wierker, fir datt keen sech ka bretzen. Epheser 2,8-9

*Dir waart dout an ärer Sënn ..., Gott huet iech zesumme mat him
lieweg gemaach an huet eis all eis Sënne verzielt. Kolosser 2,13*

... mir (sinn) helleg gemaach ginn, duerch d'Affer vum Jesus Christus ... ee fir allemol. Hebräer 10,10



Wann d'Geschicht mam Jesus sengem Doud um Kräiz opgehalen hätt, da wier et eng schrecklech traureg Geschicht.

Mä d'Bibel verzielt eis nach méi. Nodeems de Jesus gestuerwe war, hunn seng Frënn säi Kierper ganz virsiichteg vum Kräiz erofgeholl. Si ware bestëmmt ganz traureg. Si hunn de Jesus an ee besonnescht Graf, eng Hiel, also e grousst Lach an engem Fiels, geluecht. Si hunn ee grousse Stee virun d'Entrée vum Lach gerullt. Du sinn si ganz traureg heemgaangen.

Den nächsten Dag hunn déijéineg, déi de Jesus ëmbruecht haten, e puer Zaldote gesot, si sollten dem Jesus säi Graf bewaache goen. Si haten héiere wéi de Jesus gesot hat, datt hien no dräi Deeg erëm géif lieweg ginn. Si wollten net, datt iergendee géif kommen an säi Kierper géif wech huelen. Sou konnten si sécher sinn, datt kee sou maache kéint, wéi wann de Jesus erëm lieweg wier. Si wollte sécher sinn, datt de Jesus dout am Graf géif bleiwen.



Op där Plaz, wou de Jesus gekräizegt gi war, war ee Gaart, an am Gaart war een neit Graf, wou nach keen dra geluecht gi war. ... si hunn de Jesus dra geluecht. John 19:41-42

Den nächsten Dag ... hunn sech d'Hauptpriister an d'Pharisäer mam Pilatus versammelt. Si soten: „Här, ... gitt den Uerder, d'Graf ze séchere bis nom drëttén Dag. Soss komme vläicht seng Jénger a klauen seng Läich a soen de Leit: ‚Hien ass vun den Doudegen operstanen.‘ ... De Pilatus sot hinnen: „Dir sollt eng Wuecht kréien! Gitt, a maacht et sou sécher wéi der kënnt!“ Si sinn dohinner gaangen an hunn d'Graf gesécher, andeems si et mat engem Stee versigelt hunn an d'Wuecht virdru gestallt hunn. Matthias 27,62-66



Mä d'Zaldote konnte Gott net ophalen. De grouse Stee konnt Gott net ophalen. Näischt konnt dem Här säi Plang ophalen. Grad sou wéi Gott gesot hat, ass de Jesus no dräi Deeg vun den Doudegen operstanen! Hie war lieweg!

D'Zaldoten, déi virum Graf stoungen, si vun Angscht op de Buedem gefall. Een Engel huet de Steen zeréck gerullt – jidderee konnt gesinn, datt de Jesus net méi am Graf war. De Jesus huet sech du fir déi nächst véierzeg Deeg mat senge Frënn a mat grouse Gruppe vu Leit getraff. Jidderee war opgereeget. De Jesus war nees ënnert hinnen – hien huet erëm geschwat, giess an ass erëm gereest. Et war einfach wonnerbar!

De Jesus war lieweg!


Op eemol ass ee grousst Äerdbiewe geschitt, well een Engel vum Här ass vum Himmel erofkomm an hien ass bei d'Graf gaangen, huet de Stee wechgerullt an huet sech drop gesat.

... D'Wiechter krute wéinst senger Angscht, an si wéi Doudeger ginn. Matthias 28,2-4

Hien awer huet hinne gesot: „Hutt keng Angscht! Dir sicht de Jesus, de Nazarener, dee gekräizegt ginn ass. Hien ass operstanen. Hien ass net hei. Marc 16,6

... hie(n huet) sech hinne lieweg gewisen an dat mat ville Beweiser.

Véierzeg Deeg war hien ënnert hinnen an huet si vum Kinnekräich vu Gott geléiert. Apostelgeschicht 1,3





D'Leit konnten et knapp's gleewen! Keen hat dat jeemools vir dru gemaach. Kee war vir dru gestuerwen an hat sech selwer lieweg gemaach. Wat fir eng erstaunlech Kraaft!

De Jesus huet hinne gewisen, datt si keng Angscht virum Doud bräischten ze hunn, well hie méi staark war wéi den Doud. Si bräichte keng Angscht ze hu fir ze stierwen a fir zesumme mam Satan an sengem schrecklechen Heem ze liewen. Si bräichte keng Angscht virum *zweeten Doud* ze hunn.

De Jesus war staark genuch fir si erëm lieweg ze maachen.

Mä hie géif si net op der Äerd erëm lieweg maachen. D'Äerd ass jo eng Plaz, déi duerch d'Sënn verduerwe ginn ass. Hie géif si am Himmel erëm lieweg maachen. Den Himmel ass jo eng perfekt Plaz, voller Freed.

De Jesus huet versprach dëst fir all eenzelen ze maachen, dee gleeft, datt hien säi Lämmchen ass.

„Loosst är Häerzer net bedréckt sinn! Gleeft u Gott, a gleeft och u mech. A mengem Papp sengem Haus si vill Wunnengen (oder Villaen). ... Ech ginn hin, fir iech do eng Plaz virzebereeden. A wann ech dohinner ginn, an iech eng Plaz virbereeden, da kommen ech och zeréck an huelen iech bei mech, sou datt dir och kënnt do sinn, wou ech sinn. Dir awer kennt de Wee op déi Plaz, wou ech higinn. Jang 14,1-4



Dat hei ass lo ganz wichteg. Hues du gutt nogelauschtert, wat de Jesus gesot huet? Verstees du wat hie gesot huet?

Hien huet gesot, datt egal wien, ob Jong, Meedchen, Mamm oder Papp, dru gleeft, datt de Jesus an senger Plaz gestuerwen ass, dee kann an den Himmel goen a mat him zesumme liewen.

Sou einfach ass et.

Dat eenzegt wat hie muss maachen, ass dru gleewen, datt de Jesus säi Lämmchen ass - also datt de Jesus fir seng Sënn bestrooft ginn ass. Wann hien him vertraut, andeems hie gleeft, datt dat, wat hie gesot huet, wouer ass, da wäert de Jesus dee Jong, dat Meedchen, déi Mamm oder dee Papp, wann hie stierft, perfekt maachen. An da wäert hien zesumme mam Jesus am Himmel liewen.

An den Här selwer wäert, wann den Uerder geruff gëtt mat der Stëmm vum Äerzengel a mat der Trompett vu Gott, vum Himmel erofkommen, an déi Doudeg a Christus wäerte fir d'éischt operstoen. Duerno wäerte mir, déi Lieweg, déi zeréckbleiwen, zesumme mat hinnen an d'Wolleken eropgerass gi fir dem Här an der Loft ze begéinen. Sou wäerte mir fir ëmmer beim Här sinn. Dowéinst encouragéiert iech géigesäiteg mat dese Wieder. 1. Thessalonescher 4,16-18



D'Leit hu voller Freed nogelauschtert. Dës Noriicht huet jidderee missen héieren. Si hu während ville Stonne mam Jesus iwwert dëse Plang geschwat. Dunn, no véierzeg Deeg, huet de Jesus jidderengem Äddi gesot an ass zeréck an den Himmel gaangen. An do lieft hien elo, an sengem perfektem Heem.

Dorëms geet d'Bibel.

Et ass ee Bréif vu Gott – voller Léift – an et geet alles ëm d'Lämmchen.

An dëst ass d'Zeegnes: Gott huet eis éiweg Liewe ginn, an dëst Liewen ass an sengem Jong. Deejéinegen, deen de Jong huet, huet d'Liewen; deejéinegen, deen de Jong vu Gott net huet, huet d'Liewen net. Ech schreiwen iech, déi dir un de Numm vum Jong vu Gott gleeft, dës Saachen, fir datt dir wësst, datt dir éiweg Liewen hutt. 1. Jang 5,11-13

Et ginn och nach vill aner Saachen, déi de Jesus gemaach huet; wann si awer alleguer sollten opgeschriwwen ginn, dann, mengen ech, kéint d'Welt all d'Bicher, déi misse geschriwwen ginn, net faassen. Jang 21,25



Froen iwwert dat zéngt Kapitel

1. Viru laanger Zäit hunn d'Mënschen ee Lämmche gebraucht. Wien ass eist Lämmchen?
2. D'Mënschen hu missen ee perfekt Lämmche bréngen. Wie war déi eenzeg Persoun, déi ee perfekt Liewe gelieft huet – déi net eng Kéier gesënnegt huet?
3. D'Mënsche sollten ee Lämmche bei den Altor, eng besonnesch Plaz vum Doud, bréngen. Bei wat fir eng Plaz vum Doud gouf de Jesus bruecht?
4. Erënners de dech drun, wéi d'ganz Sënn vun de Mënschen op d'Lämmche geluecht gouf? Wiem seng Sënn gouf op de Jesus geluecht?
5. D'Lämmchen huet misse stierwen, well et de Mënschen hir Sënn gedroen huet. Wien ass an eiser Plaz gestuerwen?
6. D'Lämmchen ass aplaz vum Mënsch gestuerwen. A wien senger Plaz ass de Jesus gestuerwen?
7. Nodeems de Jesus gestuerwen ass, ass hien an ee besonnescht Graf geluecht ginn. Si hunn ee grouse Stee virun d'Entrée vum Lach gerullt. Wéi gouf dëst Graf genannt?
8. Wat ass geschitt nodeems de Jesus fir dräi Deeg dout war?
9. Wéi de Jesus erëm lieweg ginn ass, huet hien de Mënsche gewisen, datt hien och si erëm kéint lieweg maachen. Wou wäert hien si erëm lieweg maachen?
10. De Jesus huet gesot, datt hien d'Mënschen am Himmel lieweg géif maachen. Wat hunn si misse maache fir an sengem perfektem Heem wunnen ze kënnen?
11. Hunn si misse versprieche ni méi eppes Falsches ze maachen?
Hunn si missen dem Jesus vertrauen, datt hien si rette géif?
Hunn si misse versprieche, méi gutt Saache wéi schlecht Saachen ze maachen?
Hunn si misse gleewen, datt de Jesus an hirer Plaz gestuerwe war?
12. Gott huet gesot, wann iergendee géif gleewen, datt de Jesus als perfekt Lämmchen an hirer Plaz gestuerwen ass, da kéint deejéinegen an den Himmel goen. Hat Gott dat wierklech sou gemengt?



Verstees du de Bréif vu Gott?

De Bréif vu Gott ass sou wichteg - du muss sécher sinn, datt s du e richtig verstees. Hei sinn e puer Froen. Sou kanns du selwer erausfanne wéi gutt s du dem Här säi Rettungsplang kenns. Wann s du mol déi eng oder aner Fro falsch beäntwers, da lies dëst Buch nach eng Kéier duerch, bis du alles kloer verstanen hues.

1. Gott huet alles gemaach, andeems hien einfach geschwat huet. Wat seet eis dat iwwert Gott aus?
2. Firwat konnt Gott nëmmen eng perfekt Welt erschafen?
3. D'Bibel gebraucht ee besonnescht Wuert fir dem Luzifer seng Entscheidung, dem Här net ze follegen, ze beschreiwen. Wéi ee Wuert ass dat?
4. Firwat ass et net richtig, datt een dovunner kënnt, wann een eppes Béises mécht?
5. Wéi heescht dat Heem, dat Gott fir de Satan an déi béis Engele gemaach huet?
6. D'Bibel gebraucht ee Wuert fir dem Adam an dem Eva hir Entscheidung, net ze follegen, ze beschreiwen. Wéi ee Wuert ass dat?
7. Wat ass duerch d'Sënn an d'Welt komm?
8. Well den Adam an d'Eva net méi perfekt waren, hunn si no hirem Doud missen an dem Satan säi schrecklecht Heem wunne goen. Wéi nennt d'Bibel dës Zort vun Doud?
9. Gott huet versprach, datt hien ee besonnesche Mann géif schécken, deen all d'Mënsche virum zweeten Doud géif retten. Wéi géif dës Mann heeschen?
10. Firwat mussen d'Mënsche perfekt gemaach gi fir kënne am Himmel ze liewen?
11. Konnt Gott sou maachen, wéi wann den Adam an d'Eva ni gesënnegt hätten?
12. Gott huet de Mënsche gewise wéi hien d'Sënn bestrooft, ouni si selwer ze bestrofen. Wat fir een Déier sollten si bréngen?
13. Wat ass mam Mënsch senger Sënn geschitt, wéi hien seng Hand op dem Lämmchen säi Kapp geluecht huet?
14. A wiem senger Plaz ass d'Lämmche gestuerwen?
15. Firwat gouf d'Lämmche bestrooft, wann et näischt Falsches gemaach hat?
16. Wann d'Mënschen dem Här vertrauen, da ginn si, dee Moment wou si stierwen, an

den Himmel. Wéi verännert Gott si, fir datt si an sengem perfektem Heem kënnen liewen?

17. Wa mer probéieren, ganz brav ze sinn a keng schlecht Saachen ze maachen oder ze denken, si mer da perfekt genuch fir am Himmel ze liewen?
18. Wien huet den Himmel verlooss fir de Retter ze ginn?
19. De Jesus huet ni gesënnegt. Hätt hien da misse stierwen?
20. D'Bibel seet, datt de Jesus wéi d'Lämmcher war, déi bei den Altar bruecht goufen. De Jesus hat nach een Numm, deen d'Leit un d'Lämmcher erënnert huet. Wéi war deen Numm?
21. Erënners du dech drun, wéi d'ganz Sënn vun de Mënschen op d'Lämmche geluecht gouf? Wiem seng Sënn gouf op de Jesus geluecht?
22. D'Lämmchen ass aplaz vum Mënsch gestuerwen. A wem senger Plaz ass de Jesus gestuerwen?
23. De Jesus sot, datt hien d'Mënschen am Himmel erëm lieweg géif maachen. Wat hunn si misse maache fir an sengem perfektem Heem wunnen ze kënnen?



Gleefs du, datt de Bréif vu Gott wouer ass?

Wann s du all d'Froe richtig beäntwert hues, heescht dat, datt s du dem Här säi Plang verstanen hues. Dat heescht, du weess wat dem Här säi Bréif seet. Dat ass ganz wichteg. Vill Mënsche gi ganz al a verstinn nach ëmmer net ëm wat et an der Bibel geet.

Dem Här säi Bréif ze verstoen ass eng ganz gutt Saach, mä eng Fro muss du nach beäntweren: Gleefs du, datt dat wat Gott seet, wouer ass?

Gesäis de, et ass eng Saach fir d'Bibel ze verstoen, mä et ass eng ganz aner Saach fir se ze gleewen.

Probéier dës Froen ze beäntweren. Si wäerten der hëllef ze wëssen, op s du dem Här sengem Bréif gleefs.

- ◆ Wien, gleefs du, ass de Jesus? Ass hien nëmmen ee léiwe Mann oder ass hie méi wéi dat?
- ◆ Wat ass mat dir? Gleefs du, datt s du gutt genuch bass fir an den Himmel ze kommen oder gleefs du, datt s du ee Sënner bass?
- ◆ Gleefs du, datt Gott deng Sënn ignoréiere wäert oder datt deng Sënn bestrooft muss ginn?
- ◆ Wien ass an denger Plaz bestrooft ginn?
- ◆ Wien, gleefs du, war däi Lämmchen?
- ◆ Gleefs du, datt de Jesus dech gär genuch hat fir deng Sënn ze droen?
- ◆ Nodeems de Jesus gestuerwe war, gouf hien erëm lieweg a lo lieft hie fir ëmmer. Gleefs du dat?

Wann s du dës Froe richtig beäntwert hues a gleefs, datt si wouer sinn, dann ass d'Strof fir deng Sënn ganz fort. Et ass sou einfach. Du wäerts ni missen Angscht virum zweeten Doud oder virum Feierséi hunn.

Well s du gegleeft hues, datt dat wat Gott seet wouer ass, vertraus du him lo - du bass lo op dem Här senger Säit. Hie verspricht dir, dech ni méi eleng ze loossen. Hien ass ëmmer bei dir, egal wou s du bass oder wat s du méchs.

Gott seet, datt hien dech wäert perfekt maache fir an den Himmel, wann s du mat dengem Liewen hei op der Äerd fäerdeg bass - du wäerts éiweg bei him liewen. Gott mengt dat wierklech eescht.

Du kanns lo doriwwer ganz frou sinn. Dëst ass och eppes, wat s du ganz sécher wësse kanns, well Gott et gesot huet, a Gott verzielt keng Ligen.

Villäicht huet dëst Buch Froen, déi s du der scho mol gestallt hues, beäntwert. Gott huet vill Saache geschriwwen fir eis ze hëllef. Du kanns méi dovun an sengem Bréif un eis entdecken. D'Bibel ass voller Äntwerten.

Wann iergendeen eppes Besonnesches fir dech mécht, da sees du him Merci. D'Bibel seet eis, datt mer zu jidder Zäit mam Här kënne schwätzen, sou wéi s de mat engem Frënd schwätze kanns.

Hei sinn e puer Wieder fir dem Jesus „Merci“ ze soe fir dat, wat hie fir eis gemaach huet. Lauschter puer mol no an da so him an dengem eegene Wieder Merci. Erënner dech drun - Gott ass iwuerall an hie lauschtert no.

Léiwe Jesus, ech weess, datt s du Gott bass an alles erschaf hues. Ech vertrauen dir. Ech sinn ee Sënner. Du bass den eenzegen, dee mech rette kann. Ech gleewen, datt s du meng Strof wech geholl hues. Du bass a menger Plaz gestuerwen. Merci, datt s du mech sou gär hues. Ech weess, du häls däi Versprechen, mech bei dech an den Himmel ze huelen.

De Jesus ass ee wonnerbare Retter.

D'Enn

Kapitel 1 Froen an Äntwerten

1. D'Bibel ass ee ganz wichtege Bréif, deen un eis geriicht ass. Vu wem kënnt dëse Bréif? **Gott.**
2. D'Bibel seet, datt Gott ni gebuer ginn ass. Wäert hie jeemools stierwen? **Nee.**
3. Ausser Gott, war soss nach een aneren am Ufank do? **Nee.**
4. Wien huet d'Engelen erschaf? **Gott.**
5. Wat heescht dat Wuert „erschafen“? **Eppes (vu näischt) maachen.**
6. Gott kanns de net gesinn. Du kanns d'Engelen net gesinn. Si sinn net aus Fleesch a Blut. Wéi ginn si genannt? **Geeschter.**
7. Wat war den Engelen hir besonnesch Aufgab? **Si ware Vermëttler vu Gott oder si hunn Noriichte vu Gott weider ginn.**
8. Mir brauchen Hummer an Nol fir eppes ze maachen. Mä wéi huet Gott d'Welt gemaach? **Duerch d'Schwätzen. Andeems hie geschwat huet.**
9. Gott huet alles gemaach, andeems hien einfach geschwat huet. Wat léiere mir doduerch iwwert Gott? **Hien ass ganz, ganz mächtig.**
10. Wéi vill Deeg huet Gott gebraucht fir d'Welt ze maachen? **Sechs.**
11. Wien huet den Adam an d'Eva erschaf? **Gott.**
12. Wat heescht dat, datt Gott zur selwechter Zäit bei dir, denger Famill an denge Frënn ka sinn? **Gott ass iwwerall zur selwechter Zäit.**

Kapitel 2 Froen an Äntwerten

1. Wann s du an der Natur ronderëm kucks an all déi Saache gesäis, déi gemaach gi sinn, da kanns du gesinn, datt Gott ganz mächtig ass. Wéi vill weess Gott? **Alles.**
2. Wem gehéiert d'Welt? **Gott.**
3. Firwat gehéiert d'Welt dem Här? **Hien huet se erschaf.**
4. Gott hätt d'Welt ganz ellë kënne maachen, mä hien huet se schéi gemaach. Firwat huet Gott sou eng schéi Welt gemaach? **Hien huet eis gär. Hie wollt, datt mir eis drun erfreen.**

5. Gott huet Regele gemaach, fir datt d'Welt op déi richteg Manéier fonctionnéiert. Wéi géif d'Welt ouni Regeln ausgesinn? **Onglécklech, duercherneen, traureg, onsécher.**
6. Wéi gëtt eppes genannt, wou näischt Schlechtes drun ass, a wat an allen Hisiichten gutt ass? **Perfekt.**
7. Firwat konnt Gott nëmmen eng perfekt Welt erschafen? **Hien ass perfekt.**
8. Gott lieft an engem perfektem Heem. Wéi heescht säin Heem? **Den Himmel.**
9. Ziel mer dräi Saachen op, déi d'Bibel iwwert den Himmel seet? **Kuck d'Säit 46.**

Kapitel 3 Froen an Äntwerten

1. Wéi huet dem Här säi wichtigsten Engel geheescht? **Luzifer.**
2. Huet Gott dem Luzifer eng besonnesch Aarbecht ginn? **Jo.**
3. War de Luzifer frou mat der Aarbecht, déi Gott him ginn hat? **Nee.**
4. Wat wollt de Luzifer sinn? **Hie wollt Gott sinn.**
5. D'Bibel gebraucht ee besonnescht Wuert fir dem Luzifer seng Entscheidung, dem Här net ze follegen, ze beschreiwen. Wéi ee Wuert ass dat? **Sënn.**
6. Firwat wollt de Luzifer Gott sinn? **Hien huet geduecht, hie wéisst méi wéi Gott. Hien huet geduecht, hie wier besser wéi Gott.**
7. Wéi ginn déi schlecht Gedanken, déi een huet, oder déi schlecht Saachen, déi ee mécht, genannt? **Sënn.**
8. Wann een eppes Béises mécht an net dofir bestrooft gëtt, ass dat richteg? **Nee.**
9. Firwat ass et net richteg, datt een dovunner kënnt, wann een eppes Béises mécht? **Et ass net gerecht. All falsch Saache solle bestrooft ginn.**
10. Ass Gott ëmmer gerecht oder nëmmen heiansdo? **Ëmmer.**
11. Well Gott perfekt ass, konnt hien déi béis Engelen net bei sech an sengem perfektem Heem wunne loossen. Wat huet

hie mat hinne gemaach? ***Hien huet si aus dem Himmel erausgehäit.***

12. Gott huet dem Luzifer den Numm Satan ginn. Wat heescht den Numm Satan? ***Feind.***
13. Wéi heescht dat Heem, dat Gott fir de Satan an déi béis Engele gemaach huet? ***De Feierséi.***
14. Ass dem Satan säin neit Heem eng glécklech Plaz fir ze wunnen? ***Nee.***
15. Vill Engelen hunn dem Här nach ëmmer gefollegt. Wou wunnen dës gutt Engelen? ***Am Himmel.***

Kapitel 4 Froen an Äntwerten

1. Well Gott den Adam an d'Eva gär hat, huet hie fir si eng besonnesch Plaz erschaf, wou si dra wunne konnten. Wat fir eng Plaz war dat? ***Ee Gaart.***
2. Wéi vill Regeln huet Gott dem Adam an dem Eva ginn? ***Eng.***
3. Wat fir eng Regel huet Gott dem Adam an dem Eva ginn? ***Hien huet hinne gesot, si dierften d'Fruucht vun engem bestëmmte Bam net iessen.***
4. Wat sot Gott, datt mam Adam a mam Eva géif geschéien, wann si dës eenzeg Regel géife briechen? ***Si géife stierwen.***
5. De Satan sot dem Adam an dem Eva, datt si engem géife gläichen, wann si vun der Fruucht vum Bam géifen iessen. Wiem géifen si da gläichen? ***Si géife Gott gläichen.***
6. Huet de Satan d'Wourecht gesot oder gelunn? ***Gelunn.***
7. Hunn den Adam an d'Eva dem Här senger eenzeger Regel gefollegt? ***Nee.***
8. D'Bibel gebraucht ee Wuert fir dem Adam an dem Eva hir Entscheidung, net ze follegen, ze beschreiwen. Wéi ee Wuert ass dat? ***Sënn.***
9. Wat ass duerch d'Sënn an d'Welt komm? ***Den Doud.***
10. Wann d'Bibel iwwert den Doud schwätzt, heescht dat, datt s du ee Stär am Himmel gi bass, oder datt s du fir ëmmer vun engem Frënd getrennt gi bass? ***Fir ëmmer vun engem Frënd getrennt sinn.***

11. Gott wollt net, datt den Adam an d'Eva beim Satan géife wunnen. Gott huet gesot, datt hien et hinnen géif erméiglechen, erëm perfekt ze sinn. Firwat wollt hien dat maachen? ***Hien hat si gär.***

Kapitel 5 Froen an Äntwerten

1. Well den Adam an d'Eva op dem Satan seng Säit gewiesselt sinn, wäerten si, wann si stierwen, éiweg vu Gott getrennt sinn. Si wäerten am Satan sengem schrecklechen Heem misse liewen. Wéi nennt d'Bibel dës Zort vun Doud? ***Den zweeten Doud.***
2. Gott wollt, datt si an sengem perfekte Heem géife liewen. Firwat war Gott net an enger Zwéckmillchen? ***Gott hat ee Plang.***
3. Huet Gott dem Adam an dem Eva alles vun sengem Plang gesot? ***Nee.***
4. Gott huet versprach, datt hien ee besonnesche Mann géif schécken, deen den Adam an d'Eva virum zweeten Doud géif retten. Wéi géif dës Mann heeschen? ***De Retter.***
5. Sollten den Adam an d'Eva dat gleewen, wat Gott hinne versprach huet? ***Jo.***
6. Huet de Pol sengem Bopa vertraut, well hie gegleeft huet, datt säi Bopa him kéint hëllefen, oder well säi Bopa Gummisstiwelen unhat? ***Hien huet gegleeft, datt de Bopa him kéint hëllefen.***
7. Huet de Pol sengem Bopa vertraut, well säi Bopa hie gär hat, oder well säi Bopa soss näischt Besseres ze dinn hat? ***Hien huet gegleeft, datt säi Bopa hie gär hat.***
8. Wéi de Pol am Waasser gestruwelt huet, huet hien sengem Bopa misse verspriechen, datt hien sech géif schécken, éier säi Bopa hie géif retten? ***Nee.***
9. Eier Gott hinne gesot huet, datt hien si géif retten, hunn den Adam an d'Eva Gott misse verspriechen, datt si ni méi eppes Schlechtes géife maachen? ***Nee.***
10. Wéi dem Pol säi Bopa gesot huet: „Vertrau mir dach“, huet hien dat wierklech sou gemengt? ***Jo.***

11. Huet Gott dat wierklech sou gemengt, wéi hien de Mënsche gesot huet: „Vertrau mir, an da maachen ech dech erëm perfekt, wann s du gestuerwe bass“? **Jo.**
12. Firwat mussen d'Mënsche perfekt gemaach gi fir kënnen am Himmel ze liewen? **Nëmmen perfekt Mënsche kënnen mat engem perfekte Gott zesumme liewen.**

Kapitel 6 Froen an Äntwerten

1. Firwat wollt Gott den Adam an d'Eva net bestrofen? **Hien hat si gär.**
2. Konnt Gott sou maachen, wéi wann den Adam an d'Eva ni gesënnegt hätten? **Nee.**
3. Gott huet de Mënsche gewisen, wéi hien d'Sënn bestrooft, ouni si selwer ze bestrofen. Wat fir een Déier sollten si bréngen? **Ee Lämmchen.**
4. Huet et missen ee weiblecht oder ee männlecht Lämmche sinn? **Ee männlecht Lämmchen.**
5. Konnt d'Lämmchen ee gebrachent Been hunn? Konnt et krank sinn? Konnt d'Lämmchen seng Woll verléieren? **Nee** Wéi huet d'Lämmche misse sinn? **Perfekt.**
6. Bei wat fir eng besonnesch Plaz vum Doud huet d'Lämmche misse bruecht ginn? **Den Altar.**
7. Wou huet de Mënsch missen seng Hand op d'Lämmche leeën? **Op de Kapp.**
8. Wat ass mam Mënsch senger Sënn geschitt, wéi hien seng Hand op dem Lämmchen säi Kapp geluecht huet? **Dem Mënsch seng Sënn ass op d'Lämmche gewiesselt.**
9. D'Lämmchen huet dunn dem Mënsch seng Sënn gedroen. Wat huet du misse mam Lämmche geschéien? **Et huet misse stierwen.**
10. D'Lämmchen huet näischt Falsches gemaach. Huet et verdéngt bestrooft ze ginn? **Nee.**
11. D'Bibel seet, datt d'Strof vun der Sënn den Doud ass. A wem senger Plaz ass d'Lämmche gestuerwen? **Am Mënsch senger Plaz.**

12. Firwat ass d'Lämmche bestrooft ginn, wann et näischt Falsches gemaach hat? **Et huet dem Mënsch seng Sënn gedroen.**
13. De Mënsch huet dat gemaach, wat Gott him gesot huet – hien huet ee Lämmche bruecht. Huet hien dat gemaach well hie geduecht huet, datt Gott d'Lämmcher net gär hätt, oder well hien deem vertraut huet, wat Gott gesot hat? **Hien huet Gott vertraut.**
14. Wann d'Mënschen dem Här vertrauen, da ginn si, dee Moment wou si stierwen, an den Himmel. Wéi verännert Gott si, fir datt si do kënnen liewen? **Gott mécht si perfekt.**

Kapitel 7 Froen an Äntwerten

1. Wann d'Mënsche sënnegen, ka Gott dann sou maache wéi wann näischt geschitt wier? **Nee.**
2. Gott huet d'Mënsche gefrot eppes ze maachen, dat hinne géif hëllef fir besser ze verstoen, wéi d'Sënn bestrooft gëtt ouni d'Mënschen ze bestrofen. Wat huet Gott si gefrot fir ze bréngen? **Ee Lämmchen.**
3. Dee Mënsch, deen d'Lämmche bruecht huet, huet seng Hand op dem Lämmchen säi Kapp geluecht. Wat huet dat gewisen? **Seng Sënn ass op d'Lämmche geluecht ginn.**
4. Wat huet misse mam Lämmche geschéie well et dem Mënsch seng Sënn gedroen huet? **Et huet misse stierwen.**
5. D'Bibel seet, datt d'Strof vun der Sënn den Doud ass. A wem senger Plaz ass d'Lämmche gestuerwen? **Am Mënsch senger Plaz.**
6. Munch Leit hunn net un dem Här säi Plang gegleeft. Si hunn hir eege Regele gemaach. Wat wollten si maachen, fir datt Gott mat hinnen zefridde wier? **Si wollte méi gutt Saache wéi schlecht Saache maachen.**
7. Wéi vill Mol hunn d'Mënsche misse klaue fir net méi perfekt ze sinn? **Eng Kéier.**
8. Wéi nennt d'Bibel dat, wann d'Mënschen d'Sue méi gär hu wéi Gott? **Sënn.**

9. Ass et an der Rei wann een litt, sou laang et nëmmen eng kleng Ligen ass? **Nee.**
10. Ass eng Persoun ee Sënner wann se nëmmen eng kleng Lige verzielt? **Jo.**
11. Wéi nennt d'Bibel dat, wann een neideg ass? **Sënn.**
12. Wat seet d'Bibel iwwert Kanner, déi frech mat hirer Mamm oder hirem Papp sinn? **Si sënnegen.**
13. Aner Leit wëssen net, wat mer lues an eisem Kapp denken, mä wéi vill weess Gott vun deem, wat mer denken? **Alles.**
14. Wa mer probéieren, ganz brav ze sinn a keng schlecht Saachen ze maachen oder ze denken, si mer da perfekt genuch fir am Himmel ze liewen? **Nee.**

Kapitel 8 Froen an Äntwerten

1. Wien huet den Himmel verlooss fir als Retter op d'Äerd ze kommen? **Gott.**
2. Gott ass Mënsch ginn, fir de Retter ze ginn. Huet dat geheescht, datt hien opgehale huet, Gott ze sinn? **Nee.**
3. Den Här wusst, datt et keen anere Wee géif ginn eis ze retten, wéi ee vun eis ze ginn. Wéi ass hien op d'Äerd komm? **Hien ass als Puppelche komm.**
4. Den Här gouf als Puppelchen an engem Stall gebuer - dat ass eng Plaz, wou Scheewercher a kleng Lämmercher ënner Daach sinn. Wien ass den Här fir d'éischt besiche komm? **D'Hierden.**
5. Wéi huet Gott geheescht, wéi hien op d'Äerd komm ass? **Jesus.**
6. Den Numm Jesus bedeit „Gott ass deejéinegen, dee rett“. Wéi gouf de Jesus nach genannt? **De Retter.**
7. De Jesus huet déi Blann geheelt, sou datt si erëm konnte gesinn. De Jesus huet déi geheelt, déi net konnte goen, a Leit erëm lieweg gemaach. Wat sollten d'Leit doduerch iwwert hie wëssen? **D'Leit sollte wëssen, datt hie Gott ass.**
8. Wien hunn de Péiter an seng Frënn um Waasser goe gesinn? **De Jesus.**

9. Wat ass geschitt, wéi de Péiter ugefaangen huet, op de Wand an d'Wellen ze kucken? **Hien huet ugefaangen ënnerzegoen.**
10. De Péiter hätt kënne probéieren, selwer eens ze ginn, oder hien hätt kënne de Jesus ruffe fir hien ze retten. Wat huet hie gemaach? **Hien huet de Jesus geruff fir hien ze retten.**

Kapitel 9 Froen an Äntwerten

1. Wéi de Jesus op der Äerd war, huet hie grad wéi all anere Mënsch gelieft. Mä gläichzäiteg war de Jesus awer och ganz anescht wéi mir. Wat huet de Jesus ni gemaach? **Hien huet ni gesënnegt.**
2. Den Doud ass nëmme wéinst der Sënn an d'Welt komm. De Jesus huet ni gesënnegt. Hätt hien da misse stierwen? **Nee.**
3. De Jesus sot, datt d'Mënschen hie géife beetschen an hien duerno op een hëlzent Kräiz géifen neele fir hien ëmzebréngen. Nodeems hie fir dräi Deeg dout gewiescht wier, géif hien erëm lieweg ginn. Wéi konnt de Jesus all déi Saache wëssen, obwuel si nach net geschitt waren? **Hie war Gott. Gott weess alles.**
4. D'Bibel seet, datt de Jesus wéi d'Lämmercher war, déi bei den Altor bruecht goufen. De Jesus hat nach een Numm, deen d'Leit un d'Lämmercher erënnert huet. Wéi war deen Numm? **Hie gouf Gott säi Lämmche genannt.**
5. D'Lämmercher hu misse perfekt sinn. A wéi enger Hisiicht war de Jesus perfekt? **Hien huet ni gesënnegt.**
6. D'Lämmercher goufe bei den Altor, eng besonnesch Plaz vum Doud, bruecht. Bei wat fir eng besonnesch Plaz vum Doud gouf de Jesus bruecht? **Een hëlzent Kräiz.**
7. Eis ganz Sënn gouf op de Jesus geluecht. Wat huet dowéinst misse mam Jesus geschéien? **Hien huet misse stierwen.**
8. D'Bibel seet eis, datt de Jesus déi ganz Strof, déi mir wéinst eiser Sënn verdéngt hätten, op sech geholl huet. Wéi vill Sënn, déi nach muss bestrooft ginn, bleift nach iwwereg? **Keng méi.**
9. Firwat bréinge mir keng Lämmercher méi bei een Altor? **De Jesus war dat lescht Lämmchen.**

Kapitel 10 Froen an Äntwerten

1. Viru laanger Zäit hunn d'Mënschen ee Lämmche gebraucht. Wien ass eist Lämmchen? **De Jesus.**
2. D'Mënschen hu missen ee perfekt Lämmche bréngen. Wie war déi eenzeg Persoun, déi ee perfekt Liewe gelieft huet – déi net eng Kéier gesënnegt huet? **De Jesus.**
3. D'Mënsche sollten ee Lämmche bei den Altor, eng besonnesch Plaz vum Doud, bréngen. Bei wat fir eng Plaz vum Doud gouf de Jesus bruecht? **Bei d'Kräiz.**
4. Erënners de dech drun, wéi d'ganz Sënn vun de Mënschen op d'Lämmche geluecht gouf? Wiem seng Sënn ass op de Jesus geluecht ginn? **Eis Sënn.**
5. D'Lämmchen huet misse stierwen, well et de Mënschen hir Sënn gedroen huet. Wien ass an eiser Plaz gestuerwen? **De Jesus.**
6. D'Lämmchen ass aplaz vum Mënsch gestuerwen. A wiem senger Plaz ass de Jesus gestuerwen? **An eiser Plaz.**
7. Nodeems de Jesus gestuerwen ass, ass hien an ee besonnescht Graf geluecht ginn. Si hunn ee grouse Stee virun d'Entrée vum Lach gerullt. Wéi gouf dëst Graf genannt? **Et gouf eng Hiel, also ee grousst Lach an engem Fiels, genannt.**
8. Wat ass geschitt nodeems de Jesus fir dräi Deeg dout war? **De Jesus ass vun den Doudegen operstanen. /Hien ass erëm lieweg ginn.**
9. Wéi de Jesus erëm lieweg ginn ass, huet hien de Mënsche gewisen, datt hien och si erëm kéint lieweg maachen. Wou wäert hien si erëm lieweg maachen? **Am Himmel.**
10. De Jesus huet gesot, datt hien d'Mënschen am Himmel lieweg kéint maachen. Wat hunn si misse maache fir an sengem perfektem Heem wunnen ze kënnen? **Him vertrauen oder un hie gleewen.**
11. Hunn si misse verspriechen ni méi eppes Falsches ze maachen? **Nee.**
Hunn si missen dem Jesus vertrauen, datt hien si rette géif? **Jo.**

Hunn si misse verspriechen, méi gutt Saache wéi schlecht Saachen ze maachen? **Nee.**

Hunn si misse gleewen, datt de Jesus an hirer Plaz gestuerwe war? **Jo.**

12. Gott huet gesot, wann iergendee géif gleewen, datt de Jesus als perfekt Lämmchen an hirer Plaz gestuerwen ass, da kéint deejéinegen an den Himmel goen. Hat Gott dat wierklech sou gemengt? **Jo.**

Verstees du de Bréif vu Gott? Äntwerten

1. Gott huet alles gemaach, andeems hien einfach geschwat huet. Wat seet eis dat iwwert Gott aus? **Hien ass ganz, ganz mächtig.**
2. Firwat konnt Gott nëmmen eng perfekt Welt erschafen? **Hien ass perfekt.**
3. D'Bibel gebraucht ee besonnescht Wuert fir dem Luzifer seng Entscheidung, dem Här net ze follegen, ze beschreiwen. Wéi ee Wuert ass dat? **D'Sënn.**
4. Firwat ass et net richtig, datt een dovunner kënnt, wann een eppes Béises mécht? **Et ass net gerecht: alles Béises soll bestrooft ginn.**
5. Wéi heescht dat Heem, dat Gott fir de Satan an déi béis Engele gemaach huet? **De Feierséi.**
6. D'Bibel gebraucht ee Wuert fir dem Adam an dem Eva hir Entscheidung, net ze follegen, ze beschreiwen. Wéi ee Wuert ass dat? **D'Sënn.**
7. Wat ass duerch d'Sënn an d'Welt komm? **Den Doud.**
8. Well den Adam an d'Eva net méi perfekt waren, hunn si no hirem Doud missen an dem Satan säi schrecklecht Heem wunne goen. Wéi nennt d'Bibel dës Zort vun Doud? **Den Zweeten Doud.**
9. Gott huet versprach, datt hien ee besonnesche Mann géif schécken, deen all d'Mënsche virum zweeten Doud géif retten. Wéi géif dës Mann heeschen? **De Retter.**

10. Firwat mussen d'Mënsche perfekt gemaach gi fir kënnen am Himmel ze liewen? **Nëmme perfekt Mënsche kënnen mat engem perfekte Gott zesumme liewen.**
11. Konnt Gott sou maachen, wéi wann den Adam an d'Eva ni gesënnegt hätten? **Nee.**
12. Gott huet de Mënsche gewisen, wéi hien d'Sënn bestroft, ouni si selwer ze bestrofen. Wat fir een Déier sollten si bréngen? **Ee Lämmchen.**
13. Wat ass mam Mënsch senger Sënn geschitt, wéi hien seng Hand op dem Lämmchen säi Kapp geluecht huet? **Dem Mënsch seng Sënn ass op d'Lämmche geluecht ginn.**
14. A wiem senger Plaz ass d'Lämmche gestuerwen? **Am Mann senger Plaz.**
15. Firwat gouf d'Lämmche bestrooft, wann et näischt Falsches gemaach hat? **Et huet dem Mann seng Sënn gedroen.**
16. Wann d'Mënschen dem Här vertrauen, da ginn si, dee Moment wou si stierwen, an den Himmel. Wéi verännert Gott si, fir datt si an sengem perfekte Heem kënnen liewen? **Hie mécht si perfekt.**
17. Wa mer probéieren, ganz brav ze sinn a keng schlecht Saachen ze maachen oder ze denken, si mer da perfekt genuch fir am Himmel ze liewen? **Nee.**
18. Wien huet den Himmel verlooss fir de Retter ze ginn? **Gott, de Jesus.**
19. De Jesus huet ni gesënnegt. Hätt hien da misse stierwen? **Nee.**
20. D'Bibel seet, datt de Jesus wéi d'Lämmcher war, déi bei den Altar bruecht goufen. De Jesus hat nach een Numm, deen d'Leit un d'Lämmcher erënnert huet. Wéi war deen Numm? **Deen Numm war „Gott säi Lämmchen“.**
21. Erënners du dech drun, wéi d'ganz Sënn vun de Mënschen op d'Lämmche geluecht gouf? Wiem seng Sënn gouf op de Jesus geluecht? **Eis Sënn.**
22. D'Lämmchen ass aplaz vum Mënsch gestuerwen. A wiem senger Plaz ass de Jesus gestuerwen? **An eiser Plaz.**

23. De Jesus sot, datt hien d'Mënschen am Himmel erëm lieweg géif maachen. Wat hunn si misse maache fir an sengem perfekte Heem wunnen ze kënnen? **Him vertrauen oder him gleewen.**

Gleefs du, datt de Bréif vu Gott wouer ass? Äntwerten

- ◆ Wien, gleefs du, ass de Jesus? Ass hien nëmmen ee léiwe Mann oder ass hie méi wéi dat? **Hien ass Gott.**
- ◆ Wat ass mat dir? Gleefs du, datt s du gutt genuch bass fir an den Himmel ze kommen oder gleefs du, datt s du ee Sënner bass? **Ech sinn ee Sënner.**
- ◆ Gleefs du, datt Gott deng Sënn ignoréiere wäert, oder datt deng Sënn bestrooft muss ginn? **Meng Sënn muss bestrooft ginn.**
- ◆ Wien ass an denger Plaz bestrooft ginn? **De Jesus.**
- ◆ Wien, gleefs du, war däi Lämmchen? **De Jesus.**
- ◆ Gleefs du, datt de Jesus dech gär genuch hat fir deng Sënn ze droen? **Jo.**
- ◆ Nodeems de Jesus gestuerwe war, gouf hien erëm lieweg a lo lieft hie fir ëmmer. Gleefs du dat? **Jo.**

Endnotizen

1. Fir d'Konzept einfach ze halen, hu mir dat Wuert „Bréif“ am Sënn vun „Form vun der Kommunikatioun“ gebraucht, aplaz ze probéieren z'erklären, wéi Gott d'Bibel genee un d'Mënschheet bruecht huet.
2. Am Sënn vun „Gott ass éiweg“.
3. Mir wëlle soen, datt si „Wiese“ sinn, net eng „Kraaft“.
4. Perfekt gött hei souwuel am normale Sënn, wéi och am Sënn, datt Gott helleg a gerecht an ouni Sënd ass, gebraucht.
5. „Ni zeréckkommen“ am Sënn vun „fir d'Éiwegkeet“. De Satan huet Accès an den Himmel, fir d'Nofolger vum Jesus unzekloen, mä awer ouni Succès.
6. D'Bibel ass däitlech doranner, datt de Satan an seng béis Engelen net lo am Feierséi sinn, mä an der Zukunft wäerten si do agespaart ginn (Offenbarung 20,10). Dëst Buch ass net detailléiert genuch fir dës Fakten z'erklären. Mir hu gemengt, datt méi Detailer méi Froe géifen opwerfen, déi vum Zweck vun dësem Buch kéinten oflenken.
7. „Wéi Gott“ kéint an deem Sënn verstane ginn, all d'Attributer vu Gott ze hunn, oder sou „wéi Gott“ ze sinn, awer nëmmen am Sënn vun „dat Gutt an dat Béist kennen“. D'Bibel erkläert net ob de Satan dem Adam an dem Eva gesot huet, datt si wéi Gott kéinte sinn am allgemengen, oder ob seng Lige sech op „dat Gutt an dat Béist kennen“ begrenzt huet. Dat Konzept „wéi Gott sinn an dat Gutt an dat Béist kennen“ géif vill Erklärunge brauchen, déi net direkt eppes mat der Geschicht ze dinn hunn. Also hu mir et op gelooss, wat de Satan da lo genee gemengt huet. Wat och ëmmer, et war eng Ligen.
8. „Wa si stierwen“ deit nëmmen op een Deel vun der biblecher Léier vun der „Rechtfäerdegung“ hin. D'ganz Léier beinhalt nach vill méi. Wa mir eist Vertrauen an den Här als eise Retter setzen, rechent Gott eis direkt Gerechtegkeet zou, a gesäit eis als perfekt un, och éier mer stierwen. Et ass schwéier fir Kanner ze verstoen, wéi Gott si als perfekt kann ugesinn, wann si nach ëmmer schlecht Saache maachen. Also hu mir nëmmen een Deel vun der Léier matgedeelt.
9. Déi meescht Gespréicher tëscht dem Här an dem Adam an dem Eva, déi an dësem Buch opgezeechent sinn, stinn an der Bibel. A verschiddene Situatiounen hu mir awer bestëmmte Wourechtchen, déi an der Bibel ze fanne sinn a ganz kloer op d'Mënschheet am allgemengen ze bezéie sinn, an d'Geschicht „zeréck gelies“. Beispillsweis seet d'Bibel vun enger anerer Persoun am Alen Testament: „Den Abram huet dem HÄR gegleeft, an hien huet him et als Gerechtegkeet ugerechent.“ (1. Moses 15,6) D'Bibel ass op deem Punkt ganz kloer, datt een nëmmen duerch „Glawen“ oder „Vertrauen“ viru Gott ka gerecht gesprach ginn. Also hu mir eis d'Fräiheet geholl dës Wourechtchen am Kontext vum Adam a vum Eva z'erklären, ouni d'Geschicht duerch weider bibleesch Personnagen onnéideg komplizéiert ze maachen.
10. Well dëst Buch fir Kanner geschriwwe ginn ass, hunn Ideeë misse konkret beschriwwe ginn. Ech hunn oft driwwer gerätselt, wéi ech de Kanner d'symbolesch Natur vum Affer kéint vermëttelen, ouni datt et hinne géif iwwert de Kapp wuessen. Fir déi, déi sech an der Schrëft auskennen, ass et hëllefträich ze wëssen, datt dëst Buch vun engem Point-de-vue geschriwwe ginn ass, dee probéiert, dat ze vermëttelen, wat d'Leit zu där Zäit, wou d'aalt Testament geschriwwe gouf, gewosst a gefillt hunn. Wann Dir Iech an d'Lag vun engem Gleewegen aus dem alen Testament versetzt, da géif Dir net wëssen, datt Gott d'ganz Sënn um Kräiz géif wechhuelen. Dir géift Iech wahrscheinlech virstellen, datt et stéckelchersweis um Altor géif geschéien. Mir awer wëssen, datt d'Bibel ganz kloer léiert: „Et ass onméiglech, datt d'Blutt vu Stéieren a Béck d'Sënn wechhëlt.“ (Hebräer 10,4) Well mer wëssen, datt d'Affer vum Déier nëmmen ee Symbol war vun deem wat nach komme sollt, hunn ech d'Tournure „wéi wann“ als Explikatioun gebraucht. Et war nëmmen „wéi wann“ d'Sënn wechgeholl gi wier. D'Sënn ass wierklech um Kräiz wechgeholl ginn. Well ech net „wéi wann“ an all Saz konnt gebrauchen, muss een de ganze Paragrafhe liese fir besser ze verstoe wat wierklech geschitt ass.

Wéi gutt verstitt Dir d'Bibel?

Wann Dir D'LÄMMCHEN liest, denkt Dir Iech dann, datt Dir grad sou vill wéi d'Kanner léiert? Denkt Dir, datt Dir hinnen am Wesse knapps viraus sidd? Da schloe mir Iech THE STRANGER ON THE ROAD TO EMMAUS, op Däitsch DER FREMDE AUF DEM WEG NACH EMMAUS (soss Bist du der Einzige, der nicht weiß, was geschehen ist?), an op Franséisch L'HOMME SUR LE CHEMIN D'EMMAÛS vir. Dat Buch ass ähnlech wéi D'LÄMMCHEN, ass awer fir Erwuessener geschriwwe ginn, déi wéineg oder guer keng Kenntnisser vun der Bibel hunn.

DER FREMDE ass fir déijéineg geschriwwe ginn, déi d'Bibel wëllen ënnersichen, ouni sech ënner Drock ze fillen. D'Bibel gëtt vum Ufank bis zum Schluss als Geschicht anhand vun der Schrëft selwer chronologesch erkläert. D'Zil vun dësem méi detailléierte Buch ass, der Bibel hire Message kloer a verständlech ze maachen. Et hu vill Männer a Frae vu verschiddenen Hannergrënn d'objektiv Erklärung, déi d'Buch iwwert den Haaptmessage vun der Bibel gëtt, apprécieiert.



„... eng kloer a präzis Erklärung vum Message vun der Bibel...“ Australien

„... ganz nützlich, ganz präzis.“ Kanada

„... ee Best Seller...“ Neiseeland

„... et ass seng Suen an d'Zäit wäert.“ Singapur

„Net ze gleewen! Et mécht alles sou vill Sënn.“ USA

DER FREMDE AUF DEM WEG NACH EMMAUS kann een och als DVD Serie op Englesch kafen.



D'Buch gëtt et a verschiddenen Iwwersetzungen oder als Audiobuch. Et gëtt och een Aarbechtsheft, dat d'Buch begleet, ze kafen. Wann Dir weider Informatiounen wëllt oder per Telefon, E-Mail oder um Internet wëllt bestellen, da kuckt w.e.g. déi nächst Säit.

GOODSEED® ass eng Association sans but lucratif, déi gegrennt gouf fir den Inhalt vun dësem Buch an dëser an nach anere Sprooche kloer ze kommunizéieren. Mir bieden Iech, Iech un eis z'addresséieren, wann Dir Froen iwwert eis Projeten oder Iwwersetzungen hutt.

GOODSEED® International

P. O. Box 3704
Olds, Alberta T4H 1P5
KANADA
Tel: 403 556 9955
Fax: 403 556 9950
info@goodseed.com

GOODSEED AUSTRALIA	1800 897 333 info.au@goodseed.com
GOODSEED CANADA	800 442 7333 info.ca@goodseed.com
GOODSEED EUROPE	0049 (0)5231-94 35 144 info.eu@goodseed.com
BONNESEMENCE CANADA Service en français	888 314 3623 info.qc@goodseed.com
GOODSEED UK	0800 073 6340 info.uk@goodseed.com
GOODSEED USA	888 654 7333 info.us@goodseed.com



'GoodSeed' an den Design mam Buch/Blat
sinn d'Markë vu GOODSEED INTERNATIONAL.

Mat enger CD

Eng Noriicht, déi ni al gëtt, fir Kanner geschriwwen, vu jidderengem genoss.

Viru laanger Zäit, op engem ganz wichtegen Dag, gouf eng erstaunlech Geschicht iwwert ee Lämmche verzielt. D'Nolauschterer goufen op eng Rees duerch d'Bibel, vun der Schöpfung bis bei d'Kräiz, geholl. D'Geschicht huet den Haaptmessage vun der Schrëft an déi richteg Bedeitung vum Lämmchen erkläert. Lo, an dësem Buch, gëtt déi Geschicht nach eng Kéier verzielt. De Message ass onvergieslech a jidderee sollt en héieren.

Den John Cross an den Ian Mastin komme vun zwou entgéintgesatene Richtunge vun der Welt. Den John ass ee Schrëftsteller aus Kanada; den Ian ass ee Kënschtler aus Australien. Si hunn, mat der Hëllef vu ville Fräiwëllegen, hier Talenter gebraucht fir d'gutt Noriicht vun der Bibel op eng einfach a kloer Aart a Weis z'erklären. Den John an den Ian si bestuet an hunn erwuesse Kanner.

Vu 6 Joer un



The Lamb: Luxembourgish